DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

04 /// 2015

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 12.06.2015












EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Rétrospective en images ........ 03
Séance du conseil communal du 12 juin 2015 - en résumé ........ 08

Gemengerotssëtzung vum 12. Juni 2015 ........ 09

1. Correspondance ........ 09

2. Règlements de circulation ........ 13

3. Finances communales - approbation ........ 14
   1. de la modification à apporter au chapitre XXVIII: Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général
   2. de décomptes de travaux extraordinaires
   3. d'un subside extraordinaire

4. Enseignement fondamental - approbation. ........ 20
   1. des changements dans l'organisation scolaire 2014/2015
   2. du projet d'organisation pour l'année scolaire 2015/2016

   Début de la séance à huis clos

   3. des propositions de réaffectation des institutrices et instituteurs sur la première liste - cycle 1
   4. des propositions de réaffectation des institutrices et instituteurs sur la première liste - cycle 2 à 4

5. Personnel communal ........ 36
   1. ratification de deux contrats de travail dans la carrière de l'aide-éducateur
   2. engagement à durée déterminée d'aide-éducateurs sous le statut de l'employé communal
   3. départ à la retraite d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur
   4. départ à la retraite d'une chargée de cours sous le statut de l'employée communale

   Fin de la séance à huis clos

Fin de la séance à huis clos

6. Résolution mise à l'ordre du jour par la conseillère Nathalie Haas relative au Partenariat transatlantique de commerce er d'investissement (TTIP), à l'Accord économique et commercial global (CETA) et à l'Accord sur le commerce des services (TISA) ........ 37

7. Questions au collège des bourgmestre et échevins. ........ 44

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins
de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé Français: Joseph Schmit
Retranscriptions: Rita Schmit
N° 04 /// 2015
parution SEPTEMBRE 2015

Photos: Ville de Dudelange, Harmonie Municipale Dudelange,
Michel Brumat, Pulsa, André Weisgerber

# RETROSPECTIVE EN IMAGES













Fête de la musique - 20.06.2015



Fête nationale - 23.06.2015



Ouverture Summerkiermes - 26.06.2015



Marché du monde- 28.06.2015




Demo Day - 04.07.2015






Journée de la Santé - Ouverture en présence de la ministre de la Santé, Lydia Mutsch - 04.07.2015



Petit déjeuner fairtrade - 11.07.2015



Workshop PAG 'Stratégie de développement urbain' - 14.07.2015



Remise des diplômes Ecole de musique - 15.07.2015



Remise des diplômes CID - 16.07.2015



Visite 'Patrimoine bâti et PAG' avec le Service des Sites et Monuments nationaux - 16.07.2015



Inauguration du nouveau musée municipal en présence de la ministre de la Culture, Maggy Nagel - 23.07.2015



Inauguration du site réaménagé au Mont St-Jean - 23.07.2015

# RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU VENDREDI 12 JUIN 2015

**Présents**: MM. Dan Biancalana, bourgmestre, René Manderscheid, Loris Spina et Mme Claudia Dall'Agnol, échevins, MM. Bob Claude, Marc Dany, Mme Josiane Di Bartolomeo-Ries, MM. Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Mmes Romaine Goergen, Nathalie Haas, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten, MM. Marc Lazzarini, Romy Rech, Marc Schiffmann, Mme Brit Schlussnuss, conseillers et M. Joseph Schmit, secrétaire communal
**Absent, excusé**: /

Début de la séance à 08.00 heures.

1. Sous le point Correspondance, le conseil communal a pris connaissance de la démission pour raisons personnelles du conseiller Marc Dany; le bourgmestre a informé que lors de la récente entrevue avec la ministre de la Santé, il a été annoncé que la Integrated BioBank of Luxembourg IBBL s'implantera à Dudelange, que la table ronde sur la situation économique locale a eu lieu le 21 mai 2015 en présence des ministres Etienne Schneider et Nicolas Schmit, qu'un courrier a été adressé au Premier ministre concernant l'accueil de demandeurs de protection internationale, que le dispensaire de l'association Hëllef Doheem sera fermé suite à des problèmes économiques, que le compte provisoire de l'exercice 2014 fait ressortir une baisse considérable des recettes restant à recouvrer, une diminution de 913.000 EUR des recettes de l'impôt commercial communal et une augmentation de l'ordre de 1.225.000 EUR des recettes du fonds communal de dotation financière. Finalement, le conseil a été informé que plusieurs arbres seront abattus suite aux travaux d'aménagement des alentours de l'église paroissiale, ceci pour des raisons de sécurité, et que la piscine en plein air restera fermée au public pendant la saison estivale à cause des travaux de construction du nouveau complexe sportif René Hartmann.

2. En matière de finances communales, le conseil a approuvé la modification à apporter au chapitre XXVIII: Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général et concernant la vente du Geocoin ‚Gemeng Diddeleng', plusieurs décomptes de travaux extraordinaires, ainsi qu'un subside extraordinaire de 100 EUR à l'association reconnue d'utilité publique SOS Détresse.

3. Concernant l'enseignement fondamental, le conseil communal a approuvé à l'unanimité les changements à apporter à l'organisation scolaire 2014/2015, ainsi que le projet d'organisation pour l'année scolaire 2015/2016. Il comprend un total de 1905 élèves dont 46,1% de non-luxembourgeois et 34,1% d'inscriptions au cours d'éducation morale et sociale; il y a 27 classes dans le cycle 1 et 86 classes dans les cycles 2 à 4. Les personnes suivantes sont proposées pour occuper les différents postes vacants sur la première liste – cycle 1: Mme Corinne Kosch, Mme Cindy Gaudront, Mme Steffi Cescutti et M. Cyril Grün, sur la première liste – cycles 2 à 4 – M. Nicolas Georges, Mme Françoise Grethen, Mme Melanie Petry, Mme Sara Da Costa, M. Laurent Sturm et M. Maximilian Bruch.

4. En matière de personnel communal, il a été procédé à la ratification des contrats de travail des aide-éducateurs Laurence Poupart et Lydian Deltour, et à l'engagement à durée déterminée de Mme Carine Bruck et de Mme Danuta Swinarska comme aide-éducatrices sous le statut de l'employé communal. Les départs à la retraite du rédacteur Romain Misteri et de la chargée de cours Paulina Kostrzewa ont été accordés.

5. Le conseil a rejeté avec les voix du parti LSAP et contre les voix des partis CSV, déi Greng, déi Lénk et ADR une résolution du parti déi Lénk relative au Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP), à l'Accord économique et commercial global (CETA) et à l'Accord sur le commerce des services (TISA); une motion du parti LSAP concernant le même sujet a été adoptée à l'unanimité.

6. Plusieurs questions au collège des bourgmestre et échevins des conseillères Romaine Goergen, Colette Kutten et Michèle Kayser-Wengler ont concerné respectivement l'accueil de demandeurs de protection internationale, le réaménagement du giratoire entre Dudelange et Bettembourg, le sommet économique local et l'avenir de l'hôpital de Dudelange.

Fin de la séance à 12.15 heures





# GEMENGEROOTSSËTZUNG VUM 12. JUNI 2015

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kollegen a Kolleginnen, ech begréissen iech ganz häerzlech an däser Gemengerotssitzung, wou mer normalerweis misste komplett sinn, et huet kee sech ofgemellt.

Mir hunn iech nach zousätzlech Dokumenter ausgedeelt, engersäits e Courrier vum Marc Dany, e Rectificatif vun engem Décompte an och eng Motioun vun der LSAP-Fraktioun par rapport zum TTIP, dat sinn déi dräi Dokumenter, déi dëse Gemengerot ergänzen an ech géif dann op de Punkt Korrespondenz iwwergoen an dem Marc Dany direkt d'Wuert ginn.

## 1. KORRESPONDENZ

MARC DANY (LSAP): Ech hu mer et net einfach gemaach mä no laangen Iwwerleeungen hunn ech missen zur Conclusioun kommen, dass ech quasi misst ophalen am Gemengerot. Ech kann niewent mengem Betrib, mengem Beruff souwisou an niewent menger Famill an all deem wat ech nach wëll maachen, meng Loisiren, mäi Molen, dat léisst mer einfach keng Zäit Politik ze maachen, dat heescht esou wéi ech mer dat virstellen, mat deem néidegen Zäitopwand an dem néidegen Engagement, dat d'Politik brauch, fir se gutt a richteg ze maachen. Ech war elo op enger kuerzer Stippvisite, mol keng sechs Méint hei, mä ech hu jo virdrun aacht Joer hei zu Diddeleng gehollef fir d'Politik mat ze gestalten an a menger Partei an ebenfalls och virum Gemengerot an der Bautekommissioun wou ech elo scho 25 Joer täteg sinn... ech mengen, et dierf kee mer béis si wann ech elo ginn. An deem Sënn soen ech iech alleguerte Merci heibannen, dem Schäfferot an och dem Gemengerot mä och dem Här Schmit, dem Sekretär, deem seng Aarbecht ech ganz héich würdegen an och der Équipe Opderschmelz mam Danièle, déi och eng formidabel Aarbecht maachen.

ROMY RECH (LSAP): Marc, du weess dass mer hanner der stinn a mir soen der Merci fir déi Aarbecht, déi s du an der Fraktioun an hei am Gemengerot gemaach hues a mir sinn der dankbar fir deng Hëllef an déi Aart a Weis, wéi s du eis och an Zukunft wäerts bäi stoen. Mer wënschen der alles Gutts.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Et ass jo effektiv just eng kuerz Zäit wou s de hei konns sinn, knapps 6 Méint, dat ass natierlech e Choix, deens de getraff hues dee mer bedauere mä natierlech och voll respektéieren a mer wënschen der weiderhi vill Courage an Erfolleg op deene Plaze, wou mer dech wäerten erëm fannen.

Merci, ass de déi lescht sechs Méint en Deel vun dësem Gemengerot konns sinn.

Ech géif dann nach op e puer Punkten ënner Korrespondenz agoen, e puer Matdeelungen, déi sech awer och deelweis iwwerschneide mat enger Rei Froen, déi gestallt gi sinn. Ech wëll elo net op den Detail agoen, mä am Kader vun der Korrespondenz e kuerze Statement maachen an och ëmräissen.

Am leschte Gemengerot hat ech matgedeelt, datt mer den 12. Mä eng Entrevue mat der Gesondheetsministesch haten, an am Kader vun deene Gespréicher wollt ech hei matdeelen, datt mer d'Confirmatioun



kritt hunn, dass d'IBBL, also d'Integrated BioBank of Luxembourg op Diddeleng kënnt a sech an de Koibestrachen nidderléisst. D'IBBL ass en internationalen Center fir Exzellenz am Biobanking, an der Médecine personnalisée a mécht am Fong geholl ganz vill Recherche ronderëm de Kriibs, Diabetes, Parkinson, eng ganz Rëtsch Krankheetsbiller. Si ass Leader an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg, gouf 2000 gegrënnt, huet eng ganz Rëtsch Synergië mat anere Fuerschungszentren hei am Land an awer och um internationale Plang an ech mengen, dass d'IBBL, wa se op Diddeleng kënnt, ganz kloer och Synergië wäert hu mam LNS, mat Belval an deenen anere gängegen Instituter, déi an der Fuerschung aktiv sinn, respektiv awer och d'Zesummenaarbecht mat de Spideeler an deem Sënn garantéiert ass well et jo en nationale Betrib ass. Déi Informatioun wollt ech dem Gemengerot net virenthalen.

Dann och déi Kommunikatioun, dass mer den 21. Mee e Sommet iwwer déi lokal wirtschaftlech Lag hate mam Wirtschaftsminister an dem Vize-Premier a mam Aarbechtsminister zesumme mat de gréisseren Entreprisen hei vun Diddeleng, mat der ADEM an och mam Lycée. Dat war eng Aart Pressekonferenz, wou déi verschidden national Acteuren iwwer den Ist-Zoustand en nationale Statement gemaach hunn. Et huet sech dobäi erausgeschielt, dass generell d'wirtschaftlech Lag an Diddeleng gutt ass, dass Diddeleng par rapport zu senger aktiver Populatioun, respektiv par rapport zur Chômagezuel an enger besserer Situatioun ass wéi aner gréisser Südgemengen. Dat ass ganz positiv, dat weist och dorop hin, dass mir hei zu Diddeleng um wirtschaftleche Plang d'Kéier kritt hunn. Aus deene Gespréicher koum och eraus, ouni d'Confidentialitéit elo hei wëllen opzehiewen, dass natierlech déi multinational Entreprisen, déi sech hei zu Diddeleng etabléiert hunn an den nationalen Industriezonen natierlech och Konkurrent sinn an och d'Konkurrenz spieren an och um wirtschaftleche Plang eng ganz Rei Akzenter musse setze fir konkurrenzfäeg ze bleiwen an déi néideg finanziell a wirtschaftlech Ënnerstëtzung vum Ministère kréien.

Et huet sech och erausgeschielt, dass et méi wéi jee wichteg ass, dass esouwuel de Lycée, d'Schoul, d'Éducation nationale méi op d'Aarbechtswelt zougeet a vice versa, och do si Synergië méiglech.

Da wollt ech och hei matdeelen, dass mer den 22. Mä dem Premier e Courrier zoukomme gelooss hu ronderëm d'Situatioun vun den Demandeurs de protection internationale, d'Réfugiéen, och do ass jo haut eng Fro gestallt gi fir ganz kloer am Kader vun deenen Diskussiounen, déi stattfonnt hunn um europäesche Plang, wou iwwer Quoten am EU-Raum geschwat ginn ass, wou och dat thematiséiert ginn ass um ministerielle Plang, wou och eng Reaktioun vum SYVICOL komm ass. Mir hu ganz kloer nach eng Kéier bekräftegt, dass Diddeleng déi Solidaritéit wëll oprecht erhalen an dass och eng Konstruktioun a Planung ass. Et sinn Diskussiounen, déi de Moment lafen an natierlech ginn et nach eng ganz Rëtsch Parameteren, déi ze definéiere si ronderëm d'Areal, dat mer eraus gesicht hunn. Dat an der Route de Volmerange ass op de Frichen, also an der Géigend vu Leit, déi do wunnen, well mer net wëllen déi nei Struktur komplett ausserhalb vum Zentrum maache mä och do dee Volet Integratioun abauen an och den Accès zu den ëffentlechen Transporter erméiglechen.

Dann nach eng weider Kommunikatioun: Dir hutt an der Press gelies, datt Hëllef doheem hire Sozialplang mat de Gewerkschaften négociéieren. Mir sinn als Diddelenger Gemeng och indirekt concernéiert well matgedeelt ginn ass, dass den Dispensaire zougemeet gëtt. Ech hunn awer mat engem vun de Kadere vun Hëllef doheem geschwat an déi hunn natierlech gesot, och wa se an der aktueller Situatioun sinn. Déi Déngscht déi d'Diddelenger Bierger hunn, esou gutt ewéi méiglech oprecht erhale ginn.

Ech woll och nach matdeelen, par rapport zu engem viregte Gemengerot, wéi d'Situatioun ass par rapport zum Kont 2014. Deen ass par rapport zum Kont 2013 engersäits wat de Restanten ubelaangt, do leie mer bei 1,4 Milliounen Euro, 556 000, do ware mer 2013 bei 1 686 000, also gutt 230 000 Euro manner, wou mer duerch déi Procédure-judiciairen, déi mer ageleet hunn, eng ganz Rëtsch Sue bei Schëldner vis- à-vis vun der Gemeng konnten andreiwen, also e ganz positiven Trend.

Wat den Impôt commercial ugeet, do hu mer um Kont 2014 16 550 836,31 Euro, 2013 hate mer 17 464 763 Euro, also 913 000 Euro manner.

De Fonds communal de dotation financière, dat ass méi héich ausgefall, dat huet och mat der nationaler Evolutioun ze dinn. Do kréie mer 31 417 614 Euro, do hate mer 2013 30 192 479 Euro, dat ass also e Plus 1 225 000 Euro.



Den Impôt foncier, do hate mer 2014 777 618 Euro an 2013 hate mer 881 141 000 Euro.

Wann een also de Kont 2014 mat deem vun 2013 vergläicht wat déi staatlech Dotatiounen ugeet, kréie mer ronn 200 000 Euro méi, dat heescht, wat mer um Impôt commercial manner kritt hunn, hu mer um Fonds communal de dotation financière méi kritt, sou dass do en Ausgläich ass.

Dann hunn ech nach e leschte Punkt op deen ech wollt agoen. Dës an déi nächst Woche si Gesondheetswochen. Do wollt ech op eng manner erfreelech Nouvelle higoen, ech mengen, där wësst, dass mer de Moment amgaang sinn, am Zentrum d'Identitéit vun der Stad Diddeleng ze änneren an déi Plaz ronderëm d'Kierch déi grad aménagéiert gëtt, op der Säit vun de Caféen an op der anerer Säit sinn am Kader vun den Aarbechte Saache geschitt, wou mer hu missen als Gemeng reagéieren. Mir si gewuer ginn, dass am Kader vun den Terrassementsaarbechte ronderëm d'Kierch, also lénkerhand, wou d'Terrassë gemeet ginn, fënnef Beem beschiedegt gi sinn duerch Baggeraarbechten, déi do gemeet gi sinn. Déi Beem sinn net méi stabil, an de Schäfferot huet direkt eng Entrevue organiséiert mat der Architektin, déi fir de Contrôle an d'Organisatioun responsabel ass a Weisungsgewalt vis-à-vis vum Entrepreneur huet. Dobäi war och eise Service technique an eis Gärtnerei, d'Forstverwaltung an zousätzlech Zugtester vun enger externer Firma maache gelooss, déi eng Expertise gemaach huet. D'Rapporten hunn objektiv gewisen, datt fënnef Beem net méi stabil sinn an eng imminent Gefor duerstellen a mir hunn d'Autorisatioune kritt fir déi Beem ewech ze huelen. Et ass och dat, wat déi nächst Woch wäert gemeet gi well mer keng Gefor toleréiere kënnen, mä mir hunn och ganz kloer als Maître d'ouvrage e Schreiwes un d'Architektin an den Entrepreneur gemeet fir hir Responsabilitéit ze engagéieren. All Dag wann ech do laanscht ginn zitt mäi Mo sech zesummen, wann ech gesi wéi déi fënnef Beem, déi iwwer honnert Joer hunn, ewech mussen. Si ginn zwar ersat duerch Beem vun 10 Meter, déi d'Bild erëm wäerte präge mä et hätt net sollten esou kommen. Mir sinn absolut net zefridde mat deem dote Werdegang a mir hu präziséiert, datt d'Gemeng net gewëllt ass, iergendee Surplus vu Fraisen ze iwwerhuelen. Et ass eng wichteg Plaz wou sozial Rencontrë stattfannen, wou Leit sech treffen, dat wäert elo e bëssen e Kahlschlag ginn a mir wollten iech dës Informatioun net virenthalen a mir wëllen och d'Bierger doriwwer informéieren. Mir kruten och eng juristesch Berodung fir deen dote Problem am beschten ze léisen.

Fir deen nächste Punkt ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Meng Nouvelle ass och net onbedengt eng positiv. Mir hu virun 2 Deeg misse mat eise Servicer d'Décisioun huelen, dass mir déi oppe Schwemm och dëst Joer net fir de Grand public kënnen opmaachen, an dat ass bedauerlech.

Mir haten eis, besonnesch elo wou d'Wieder gutt gëtt, drop gefreet, mä mir mussen zu däser Conclusioun kommen, well de Chantier, notamment den Iwwergank oppe Schwemm - zoue Schwemm sou wéi et virgesinn ass, eng Rei Problemer mat sech bruecht huet an eis et net erméiglecht, d'Schwemm an aller Sécherheet opzemaachen.

Et geet hei haaptsächlech ëm de klenge Baseng, respektiv déi Plagen ronderëmmer.

Ech probéieren nach iech e klengen Historique vun de weideren Erklärungen matzedeelen, fir dass dir och wësst firwat mir missten dës net agréabel Décisioun huelen.

Also, grondsätzlech hate mer eng Rei vu Fuiten an der Schwemm, déi sech ëm de klenge Baseng presentéiert hunn. Do hate mir am Dezember 2014 als Gemeng d'Commande eraus gi fir déi Fuiten ze detectéiere well mer jo souwisou do schonns amgaang ware mam Chantier, fir dann eraus ze fanne wéi een dat kéint behiewe wann d'Schwemm rëm sollt opgoen.

Elo kann ee soen de Wanter war net ganz schlëmm, an awer hat de Wanter eng Rei vun Nuechte mat sech bruecht wou negativ Grade waren, a wann et gefruer ass, da kann een déi verschidde Folie fir déi Tester wat d'Fiichtegkeet an d'Dichtegkeet ubelaangt, net realiséieren, dat huet eis e puer Deeg, jo esouguer Wochen hannen dra gehait. Déi Firma, déi mir beoptraagt haten ass an d'Faillite gefall éier se zu concluanten Décisiounen/Resultater komm ass, och dat huet weider Wochen hannen dra gehäit.

Definitiv Resultater waren eréischt méiglech wou een d'Rigole ronderëm de Baseng opschneide misst, fir un d'Réier ze kommen, wou een da gemengt huet, dass



do d'Fuitë kéinte sinn, dat huet méi schwiereg ausgesi wéi mer eis dat alleguerte vun Experte soe gelooss hunn.

Dann hat de Projet Neibau och méi e groussen Impakt op dësen Deel vun der Schwemm wéi mir dat erhofft hätten, et sinn och während dem Chantier verschidde Weeër ewech gefall, neier sinn derbäi komm, wat an der Planung net onbedéngt esou 1 zu 1 ze erwaarde war, respektiv sinn och während den Aarbechten duerch d'Vibratiounen vun den Maschinnen nei Fuiten entstanen, déi hunn also och misse behuewe ginn.

Gläichzäiteg ass och ronderëm de Beräich ënnert dem Beach Volley geschafft ginn, och do si Situatiounen opkomm wou mir gesot hunn, mir kënnen dat net an deem desolaten Zoustand loossen, da profitéiere mir dovunner dass mir elo do d'Maschinnen hunn, dass mir dann och deen dote Beräich fir d'Kanner a fir d'Leit déi wëllen dovu profitéieren. anstänneg maachen, während dëser Chantiersphase, fir net erëm an engem oder zwee 2 Joer mam Bagger missen do duerchfueren.

Alles dat huet mat sech bruecht dass mir haut hu misse feststellen, dass de Chantier net virun August wäert fäerdeg sinn, an och am August selwer mussen Aarbechte ronderëm de klenge Baseng gemaach ginn, sou dass mir hu missen déi Conclusioun huele fir déi oppe Schwemm net fir de Grand public op ze maachen.

Natierlech och hei kucke mer awer mat der jeeweileger Commande, mam Wierksvertrag, awéifern mir de Grossunternehmer och kënnen zu enger gewëssener Responsabilitéit bréngen well u sech d'Commande awer war dass mer dëst Joer mat der Saison opmaachen.

Dat elo u sech zum negative Volet. Positiv an deem Sënn, dass mer ähnlech wéi d'lescht Joer, dass d'Veräiner an eise Schoulsport ab nächster Woch kann do funktionéieren, well dee grousse Baseng ass net affektéiert vun dëse Problemer, sou dass mir do kennen d'Schoulen an d'Veräiner, de Waassersport empfänken.

Dat anert ass wat mir als positiv wollten ervirhiewen, dat ass dass mer d'Schwemm ähnlech wéi d'lescht Joer fir Schwëmmer opmaachen, bëssen erweidert Plagen, d'lescht Joer hate mir vun 8-10 Auer moies op, dëst Joer maache mer dat nach e bësse méi, dat heescht, mer probéieren an der Schoulzäit, also bis de 15. Juli, och nach owes eng Plage drun ze hänke vu 17:30 Auer bis 19:30 Auer, also After work swimming fir déi Leit déi Loscht an Zäit hunn.

An der Summervakanz probéiere mir och moies ab dem 15. Juli bis 12 Auer opzemaache fir d'Schwëmmer, an owes bleift déi dote Plage erhalen, a samschdes a sonndes an d'Feierdeeg ass se vun 8 bis 12 Auer op, wann ee sech beim Service des Sports iwwer Telefon oder E-Mail, SDS@Dudelange.lu andréit.

Mir si gläichzäiteg amgaangen, ze kucken, ob et eventuell méiglech wier, eng Navette ze organiséieren, déi et den Diddelenger géif erlaben op eng aner Manéier vun enger Schwemm ze profitéieren, fir déi am Süden ze behalen. Och do ass de Choix Déifferdeng, fir d'Leit also weekends op Déifferdeng ze féieren, wou se dann do kënnen de Summerfeeling do an der Schwemm ze genéissen. Nach sinn eng Rei vun Detailer ze klären, wat maache mer zum Beispill wann Déifferdeng complet ass a mär sti mam Bus virdrun. Wat maache mer wann 100 Leit an de Bus wëllen an et sinn nëmme 45 Plazen do? Dat sinn esou Froen, déi sech nach opwäerfen, mär probéieren do eng anstänneg Léisung fir déi Diddelenger Bierger ze fannen, a wann eis dat geléngt da wäerte mär déi Navette organiséieren.

De Vestiairentrakt ass iwweregens prett, d'Vestiairen an d'Douchë si prett, do kënnen d'Schwëmmer déi sech androen dovunner profitéieren.

Voilà, ech hoffen dat war déi lescht schlecht Nouvelle fir de Moien.



## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci Loris Spina fir déi dote Kommunikatioun.

Ech géif iech da proposéieren, dass mer op de Punkt 2 eriwwer ginn. Verkéiersreglementer, do läit näischt vir, da géife mer op de Punkt Finanze goen, an do ginn ech dem Loris Spina direkt d'Wuert.




## 3. GEMENGEFINANZEN - GENEHMEGUNGEN

**1. Genehmegung vun der Ännerung vum Kapitel XXVIII: Verkaf vun kommunalen Drocksaachen, Audio- a Videodokumenter – vum allgemengen Taxereglement**

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Vläit nach eng kleng Saach déi ech vergiess hat ze erwänen, dir gesitt, déi léif Équipe mat hire Kameraen ass och erëm haut hei, keng Angscht, och haut gi mer nach net Live, well et och déi éischte Kéier an dësem Sall ass, déi Erfahrung wollte mir awer och nach maachen éier mer dem Grand public déi Biller zoutrauen.

Da géife mer offiziell op den nächste Punkt iwwer goen, wou mer hei am Kader vun de Gemengefinanzen eng Ajoute an eisem Taxereglement presentéieren, an zwar hu mer e Geocoin, dee mer Gemeng Diddeleng genannt hunn, dee mer wëlle fir 15 Euro mat integréieren. Dat ass natierlech keen Zoufall, a well mir jo ëmmer op Transparenz setzen an iech dat net ëmmer wëlle virenthalen ass den Här Schmit hei, deen de Geocoin elo ronderëm gëtt, dass dir och gesitt vu wat mer hei konkret schwätzen.

Mer hunn de 4. Juli e Mega-Event hei zu Diddeleng. Firwat grad zu Diddeleng, majo mer hu ganz vill Geocasher dat ass eppes wat ganz flott ass, wou ganz vill boomt, wou d'Leit och zesumme vill kënnen ënnerhuelen, haaptsächlech am Domaine vun der Natur gëtt sech spannend op d'Rees gemaach no deene verschiddene Caché fir Geocoinen an Ähnleches ze sammelen. Et gëtt vill getréppelt, et gëtt sech vill ameséiert, dëse Mega-Event kënnegt sech positiv un, et sinn iwwer 1000 Leit déi sech do provisoresch ugemellt hunn, iwwer 600 Leit déi sech mëttlerweil fest ugemellt hunn an och bezuelt hunn, an an deem Kader wollte mer profitéiere fir dëse Geocoin ze lancéieren. Et ass eng Série limitée an am Moment sinn 100 Exemplare gedréckt ginn, dat gëtt den Dag selwer um Event ze verkafen, respektiv awer och hei bei eis am Gemengenhaus, a wann déi 100 verkaf sinn, kënne mer neier drécke loossen.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Wat ass d'Funktioun vun deem Geocoin?

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Also u sech gëtt e gesammelt vun de Leit déi dat maachen, dat fënnt een dann an där Këscht, dat kann een da mathuelen oder halen oder an en aneren Cache leeën, respektiv kann een dat iwwer Internet androen, dass een dee Coin oder déi e Cache fonnt huet an et geet drëm dass jidderee huet säi Konto a wat ee méi gesammelt huet wat dat da méi flott ausgesäit. Et geet dorëms, se ze sammelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nach weider Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ass de Gemengerot mam Aféiere vun dëser Taxe averstanen? Dat ass unanime. Villmools Merci.



**2. Genehmegung vun ausseruerdentlechen Décomptë fir Aarbechten**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mär bleiwe bei de Gemengefinanzen: wéi gesot hunn ech ugekënnegt, dass mer resolut de Wee ageschloen hu fir déi Décompten, déi scho méi al sinn, esou gutt wei méiglech opzeschaffen, a méi rezenter dass mer do bäikommen, an an dësem Gemengerot hale mer dat an.

Et sinn eng gutt 20 Décompten, déi mer hei presentéieren, ech géif se dann elo duerchhuelen.

Et ass engersäits d'Aménagementer vun den Alentoure vun der Schoul Lenkeschléi, do hate mer en Devis vun 150 000 Euro, do ass d'Dépense effective 146 337,35 Euro, dat huet sech gezunn iwwer d'Budgetsjoren 2011 an 2012.

Dann den Décompte wat d'Toiletten an der Schoul Gaffelt ubelaangt, do war en Devis vun 16 000 Euro, d'Dépense war 15 891,23 dat war d'Budgetsjoer 2013-2014, ageschriwwen hate mer dat 2012.

Dann den Décompte wou mer de Sanitaire an der Portierswunneng an der Schoul Ribeschpont hu missen ersetzen, dat waren 20 000 Euro Devis, déi effektiv Dépense war 18 786 Euro. Dat war d'Budgetsjoer 2012.

Da waren d'Gäng an en Deel vun der Fassade an der Schoul Balzeng, déi hu misse frësch gemaach ginn, do war den Devis 45 000 Euro, d'Dépense 43 843,33 an dat war am Budgetsjoer 2011-2013.

Dann hutt dir en neien Décompte ausgedeelt kritt, do war e klenge Feeler ënnerlaf, do ass Travaux de peinture ersat ginn duerch Travaux de façade, dat wollt ech hei nach als Präzisioun ginn.

Dann den Décompte vun enger Rei Stroossen, de Raclage, 650 000 Euro den Devis an d'Dépense war 648 004 Euro. D'Budgetsjoer 2011- 2014.

Dann ass Préscolaire Brill, 50 000 Euro fir de Schoulhaff dee frësch gemaach ginn ass, d'Dépense war 48 241,06 Euro, dat war d'Budgetsjoer 2008.

Dann d'Voirie Koibestrachen, dat war 1 350 000 Euro, d'Dépense 759 648 Euro. Dat ass méi bëlleg ausgefall well d'Surface, déi 2005 estiméiert gi war, méi grouss war wéi déi, wou effektiv gemaach ginn ass. An nach dobäi, am Kader vun der Soumissioun ass déi méi bëlleg ausgefall. Dat ass e Projet dee sech iwwer länger Budgetsjoren hinzitt, vun 2006 bis 2014.

Dann och nach Koibestrachen, Réseau sec, dat ass en Devis vun 400 000 Euro, eng Dépense 159 672, do gëllt de selwechte Prinzip wéi beim Décompte virdrun. Dat war 2006 bis 2012.

Dann ass an der Maison-relais Piscine den Aménagement extérieur an d'Aire de jeu op der Terrasse, dat waren 25 000 Euro den Devis an d'Dépense 24 491,82 Euro an dat war d'Budgetsjoer 2010 engersäits an och 2014.

Fir d'Anlag, do hate mer en Devis vun 14 973 Euro virleien an eng Dépense vu 5 470 Euro, dat ass méi bëlleg ausgefall well mer do d'Synergie mam CIGL gesicht hu fir dee Projet ëmzesetzen, an dat war 2008.

Dann den Äiskeller op der Schmelz an der Libératiounsstrooss, do war de Budget 30 000 Euro, den Devis war 7 404,53 Euro, deen ass méi bëlleg ausgefall well mer d'Konzept geännert haten andeems mer einfach d'Mauer frësch gemeet hunn an d'Gelänner a Blumen dohinner gesat hunn. Dat war 2010.

Den Décompte vum Centre culturel, 8 048 878 Euro, dat ass natierlech engersäits am Devis an awer och an der Dépense effective. Dat war vun 2003 bis 2012, mat haaptsächlech 2007, 2008 an 2009 wou déi Tranchen ausbezuelt gi sinn.

Dann och nach den Équipement Divers am Centre culturel, do war den Devis 100 000 Euro, d'Dépense 99 562,15 Euro, dëst an de Budgetsjoren 2007-2010.

D'Participatioun Chalet vun de Guiden a Scouten Peaux rouges, den Devis war 215 000 Euro, d'Dépense war 213 750 Euro an et war an de Budgetsjoren 2005-2009.

D'Renovatioun vum Chalet Belvédère, dat waren 22 500 Euro am Devis, d'Dépense war och 22 500 an et war d'Budgetsjoer 2007.



Den Dach vum Chalet Belvédère, den Devis 9 776,50 an d'Dépense effective 9 750,34 Euro, dat si 50% vum Gesamtkäschtepunkt, déi d'Gemeng iwwerholl huet, de Rescht hunn d'Scoute selwer iwwerholl.

D'ALA, de spezialiséierte Foyer, d'Villa Reebou, do hu mer jo och eng Konventioun hei gehat am Gemengerot, wou d'Dépense maximale 400 000 Euro ass, an dofir och d'Dépense effective 400 000 Euro.

Dat war 2011.

De Bassin eaux mixtes zu Biereng an der rue du Nord, dat ware 5 840 000 Euro Devis, d'Dépense war 5 635 451,44 Euro, a bei där Dépense sinn am Fong 90% integral vun der Agence de l'eau iwwerholl ginn.

An da komme mer nach eng Kéier bei d'Reewaasser, de Kanal Koibestrachen, wou jidderee sech kann uschléissen, also déi vun der Phas 1 an déi vun der Phas 2, d'Phas 0, eng gemeinsam Notzung, do war den Devis 880 000 Euro an d'Dépense effective 794 231, 27 Euro an dat war 2006-2013.

Dann d'Aarbechte ronderëm d'Ofwaasser, Koibestrachen Phas 1, also den Deel Staatslabo, dat war en Devis vun 140 000 Euro, Dépense effective war 95 677,80 Euro.

Domat wäre mer zum Schluss ukomm vun deenen 20 Décompten, déi ech iech hei presentéiert hunn, an dir hutt bestëmmt alleguerte Froen dozou?

Dat zu der Presentatioun, d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hu bei verschidde Punkten e puer Froen, virun allem beim Logement vun der Portierswunneng vun der Schoul Ribeschpont, do ass e Sanitaire gemaach ginn, ech verstinn net firwat een do muss bei engem Präis vun 18 700 Euro, dat ass jo näischt esou Enormes, och nach 1 640 Euro Étudë muss maachen, dat muss dir mir erklären.

Da wat mech och e bëssen irritéiert huet, dat ass beim Punkt vum Ustrach vun de Couloiren an der Renovatioun vun der Fassad vu Balzeng, do sinn 3 Usträicher engagéiert ginn, dat ass jo schéin a gutt, mä ass et net méi sënnvoll engem Usträicher de ganze Bau ze ginn, well soss muss jo och dräimol d'Material dohinner geschleeft ginn, dräimol eng Stee opgeriicht ginn, ech denken dass dat net esou Sënnvoll ass, dass een do muss kucken, ob een do net kann e bësse méi kohärent schaffen.

Dann hunn ech mer nach eng Fro gestallt, ech denken, do kënnt dir mir villäicht Explicatioune ginn: beim Raclage a bei Refectioune vu verschiddene Stroossen, do waren aacht Entrepreneure bedeelegt. Ass dat pro Strooss en Entrepreneur? Villäicht kennt dir mir do nach Detailer ginn, wéi eng Stroossen dat waren, well och do erëm d'Fro, wa se zu aacht Entrepreneuren un enger Strooss schaffen, kann ech mir virstellen dass dat och bis zu engem aachtfachen Emploi ass vum Erbäischleefe vum Material, vun de Preparatioune vum Chantier, herno vum Ofrappen, en an esou weider.

Dann hat dir gesot gehat, mat Koibestrachen firwat dat sou méi bëlleg gi war, do hutt dir jo erkläert, dass mer net alles gemaach hu wat mir wollten. Dir hat erwänt dass dat eng europäesch Ausschreiwung ass, ech hunn awer elo nach séier nogekuckt, et ass awer e Lëtzebuerger Entrepreneur, deen den Zouschlag kritt huet, wei steet dat insgesamt wa mer sou Ausschreiwunge maachen?

Dat ass jo och net evident, well mer wësse jo awer wéi d'Präisser vun de Lëtzebuerger Entreprisë sinn. Net dass se méi eng grouss Gewënnmargë wëllen hunn, mä well mer mat eisen héije Salairen an eise Soziallaaschten, déi jo vill méi héich si wéi am Ausland, dass mer do oft net konkurrenzfäeg sinn, kënnt dir mir do eng Indikatioun ginn, wéi sech dat an de meeschten Ausschreiwunge mécht. Hunn eis Lëtzebuerger Leit dann awer nach eng Chance oder kënne mir do nach aner Kriterien abauen, zum Beispill vum Suivi, vun der Prise en charge duerno, ass dat en Argument wou een déi Lëtzebuerg Firmaen awer ka bevirdeelegen, oder, well een dat jo net dier soen an engem Marché, mä wat ee ka maache fir datt déi nach konkurrenzfäeg kënne bleiwen?

Wat mir begréissen, ass natierlech den Aménagement vun der Plaz Quatre Seigneurs, dat huet en Drëttel just kascht vun dem wat am initiale Präis virgesi war. Ech denken, dat ass och e Wee deen ee ka goen, dat autoriséiert d'Aarbecht vun deenen Leit déi bei eis am CIGL schaffen, ech weess nach ganz genau, wéi dat fäerdeg gi war, hunn déi Leit dat op Facebook gepost a ware stolz drop, grad sou wei déi Affaire mat de



Véloen, wou de Service Jardinage gemaach huet, ech denken dat si Projeten, do kann een éischtens emol Geld spueren an zweetens deene Leit hir Aarbechte valoriséieren, an dat begréisse mer explizit.

Da wollt ech nofroen, ech hunn et schonns honnertmol gefrot a mir kruten nach ëmmer keng konkret Äntwert: de Centre culturel, hei hu mer elo deen decken Devis vun 8 Milliounen, wéi ass et mam Décompte vun de Frais-de-fonctionementen, där sot jo dat wier anscheinend elo kloer, wéi en Deel de Staat bezilt, wéi en Deel mir bezuelen. Villäicht just do nach eng Kéier den Detail, a wéi engem Kader sech dat all Joer beleeft, ob dat wat mir am Budget virgesinn hunn och dee Moment duer geet.

Dann hunn ech nach eng Fro zu der Villa Reebou. Wat mir do opgefall ass, dat ass dass mir déi 400 000 Euro, dat ass déi Part déi mer ausgemaach haten, einfach un d'Associatioun ginn hunn. Krut dir awer do als Schäfferot en Detail, firwat déi Sue benotzt gi sinn, oder ass dat üblech, dass de dann der Associatioun einfach e Montant gëss, an déi maachen dann domat wat se wëllen oder mussen déi eis dann awer Rechenschaft ofleeën?

Dat waren e puer Detailfroen, déi ech wollt ubréngen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just e puer Wuert soen zu dem Décompte vum Chalet vun de Peaux Rouges: komescherweis steet uewen am Titel Chalets an der Mehrzahl, ass dat elo en Tippfeeler oder hu si elo méi wéi ee Chalet opgeriicht? Ech weess awer just vun engem. Et geet also hei ëm dee Montant vun 213 750 Euro.

Ech wollt kloerstellen, dass mir ganz oft vu bausse solicitéiert gi fir ze froe wéi déi verschidden Dépensen, déi an Infrastrukture vu Veräiner gestach ginn, dat kënne Sportsveräiner sinn, dat kënne Scoutsgruppe sinn, géréiert ginn a mer sinn oft e bësse schlecht dru fir kënnen nozevollzéie wat d'Politik ass vun der Ënnerstëtzung vun der Gemeng an deenen Infrastrukturen. Hei an deem Scoutshome misst ee vläit fir d'éischt soen, et ginn dräi Scoutsgruppen hei zu Diddeleng, do sinn d'Peaux Rouges an déi Gréng Scouten, déi der FNEL ugehéieren, an da gëtt en nach dee Grupp vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, wat de Grupp Saint Jean ass. Wann een elo dee Montant hei kuckt, et geet ëm 213 750 Euro, ma do ass schonns emol eng Saach kloer, wou ee ka soen, déi Scouts-Chalets-Infrastrukture gi jo awer bedeitend méi bëlleg wéi déi Sportsinfrastrukturen. Wa mer do déi 23 Millioune fir den Hartmann kucken, 1,8 Millioune fir e synthetesche Terrain fir de Fussball, 1,9 Millioune fir d'Vestiairë fir de synthetesche Terrain fir de Fussball, dann ass am Fong dat, wat d'Scouten hei froe fir hir Chaleten, an d'Renovatiounen an d'Reparaturen, alles Peanuts.

An et ass villäicht just elo wou ech mir d'Fro stellen: wann d'Scoutsveräiner oder aner Veräiner, wann déi elo eng Demande maache fir Infrastrukturen opzeriichten, gëtt et do am Fong vun der Gemeng eng Richtlinn wéi wäit si dat wëll ënnerstëtzen?

Gëtt et bei de Sportsveräiner zum Beispill eng Linn wou d'Gemeng seet, méi gi mer elo net, da musse se selwer eens ginn a gëtt et dat och fir Scoutsgruppen?

Wat mech och interesséiert, déi dräi Scoutsgruppen, ginn déi d'selwecht behandelt oder kritt mol eng Kéier ee villäicht méi oder ee villäicht manner? Dat heite sinn och Saachen, déi leien esouwäit zeréck am Budget 2004, do hunn ech keng Tracë méi dovun, ech hu keng Ahnung wat deemools do bestëmmt ginn ass, ech war och selwer net dobäi. Ech wollt froen, dass dir eis géift erklären, wéiwäit dir esou Saachen ënnerstëtzt, ob dir iech do eng Limit gesat hutt, ob dir déi Limiten op verschidde Veräiner opsetzt, oder ob dir e fixe Chiffer hutt deen dir da wëllt duerchzéien?

Ech wollt do ebe Kloerheeten hunn, och an der Iddi, wa mer dobausse mol dorop ugeschwat ginn, fir do kënne kloer Äntwerten ze ginn.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn eng kuerz Fro zu zwee Décompten, an do sinn all Kéier Publicitéitsfraise vun iwwer 1 000 Euro, 1 386 eng Kéier an eng Kéier 1 269 Euro, an ech wollt froe wat dat fir eng Publicitéit gewiescht wier, ech ka mech nämlech wierklech net erënnere wat dat ass.

Dat eent ass bei der Refektioun vum Divers Rues, an dat anert ass bei Aménagement de la voirie vu Koibestrachen.



MARC SCHIFFMANN (ADR): Ech wollt nach eng Kéier op déi Frais-d'étudë fir de Sanitaire zeréck kommen. Ech weess jo, datt d'Erstelle vun Étuden hei an der Gemeng e groussen Dada ass, ech verstinn et awer och net.

Mir hu virun 2 Joer eist Buedzëmmer frësch gemaach, do koum den Installateur, deen huet sech dat ugekuckt an den Devis gemaach, an do ware keng Frais d'Études dobäi.

Ech well awer da profitéiere fir bei dëser Geleeën-heet ze soen, mir hu jo momentan vill Chantieren zu Diddeleng, zum Beispill dee vun der Kierch, wat d'Surveillance an d'Koordinatioun ugeet, do hu mer Bureau-d'étuden, Architekten, déi dofir vill Sue kréien.

Ech hu gesi wéi katastrofal dat an der Lenzstrooss ofgelaf ass. Dank eise Servicer ass et nach machbar gewiescht dass do näischt geschitt ass, dass d'Leit do konnte mam Auto duerchfueren, mä et ass schonn erschreckend fir ze gesinn, wéi wéineg déi Leit, déi sech sollten dorëms këmmeren, domatter mengen ech d'Bureau-d'études oder d'Architekten, déi dofir vill Sue kréien, an et en effet net maachen, an ech fannen do misst d'Gemeng an Zukunft e bësse méi sec un esou Saachen erugoen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Schiffmann, nach weider Meldungen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech der Rei no op déi verschidde Wuertmeldunge reagéieren.

Wat d'Ribechponter Schoul ugeet, wou d'Madame Kayser an den Här Schiffmann drop ugeschwat hunn, mer waren an där Situatioun, dass d'Waasserleit-unge komplett gerascht waren an deem Haus, et war brongt Waasser, sämtlech Waasserleitunge misste frësch gemaach ginn, an do huet missen eng Étude an Optrag gesat gi fir ze kucke wéi mer dat richteg sanéiere kënnen. Et waren déi ganz Leitungen, net nëmmen eng. Net erfreelech mä awer noutwenneg.

Wat Balzeng ugeet, do ware verschidden Aarbech-ten, di gemeet gi sinn. Do waren engersäits d'Mauer-reparaturen déi hu misse gemaach ginn, an d'Toiletten, dat hu mer engem Corps de métier ginn, dann den Ustrach vun de Couloiren a verschidde Säll, dat hu mer engem anere Corps de Métier ginn an d'Fassad, déi hu mer och engem anere Corps de métier ginn. Dat huet erméiglecht, dass mir déi Diddelenger lokal Arbeitge-ber ënnerstëtzen, mä et huet och mat sech bruecht, vu dass mer dräi verschidden Aarbechten, mer mam Projet méi schnell virukommen, well jiddereen en an-eren Optrag hat.

Par rapport zum Raclage, do sinn eng ganz Rëtsch Stroossen, déi frësch gemaach gi sinn, wat natierlech och mat sech bréngt, dass en aneren Entrepreneur ge-meet huet, och am Kader vun der Soumissioun. Dat ass engersäits d'Rue du Commerce bei eiser Maison-relais, d'Rue de la Forêt, d'Butschebuerger Schoul tëschent der Rue des Champs an dem Angeldall, et ass an der Gaffelt d'Marcel Schmit, d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte, do waren och Refektiounsaarbechten ze maachen, an der Fleming-Strooss, an der Karl Marx Strooss, an an der Jean Jaurès-Strooss, et sinn also eng ganz Rëtsch Stroossen, dofir och deen dote Mon-tant.

Par rapport zu den Ausschreiwungen, déi Soumissioun publique, d'Marché-publics-Gesetz, do kann ech iech soen dass do natierlech och europäesch Firme kënne matmaachen. D'Erfahrung huet eis awer ganz oft ge-wisen, dass ganz oft net déi europäesch Firmen déi sinn, déi am bëllegste sinn.

Mir hu regelméisseg europäesch Firmen, do kënnen och Lëtzebuerger matmaachen, mä déi sinn net ëmmer déi bëllegst.

A mir sinn un d'Marché-publics-Gesetz gehalen, dat heescht dass mir ausschliisslech der wirtschaftlech gënschtegster Offer den Zouschlag ginn.

Ech wëll hei awer nach eng Kéier präziséieren, par rapport zum Décompte wat de Staatslabo ugeet, dass d'Estimatioun eng gewësse war, mä dass de re-elle Besoin en aneren ass. Et ass net esou, datt do eng Verschätzung gewiescht wier.

Am Centre culturel, do si mer eis am Kader vun den Aarbechten eens, dass de Centre culturel, respektiv d'Gemeng 50% iwwerhëlt vun den Käschten, an de Ministère de la Culture déi aner 50% direkt iwwerholl huet, an am Fong ass et sou dass mer, wat den Dé-compte ubelaangt, de Schlëssel asetze vun der Opdee-lung. Dat gouf an der Commission mixte zeréckbehalen.





Wat d'Villa Reebou ugeet, do hu mer eng Konventioun mat hinne gemaach, an do hu mer eis engagéiert dass mir op déi Facturen, wou si d'Aarbechte gemaach hunn, 400 000 Euro en charge huelen, dat ass am Kader vun der Konventioun wou mir mat hinne festgehalen hunn.

Par rapport zu de Richtlinnen, déi d'Gemeng huet wat d'Chaleten ubelaangt, do ass ganz kloer déi Approche, datt wann esou Demanden un d'Gemeng gemaach ginn, an dat war och hei de Fall, generell gëtt ëmmer gekuckt dass net d'Gemeng deen eenzege finanzielle Geber ass, mä et gëtt virun allem gekuckt ob och de Staat matgeet, an da gëtt gekuckt wat nach bei engem Neibau de Veräi muss iwwerhuelen, an da gëtt gekuckt wéi wäit d'Gemeng ka matgoen. Dat ass eng Richtlinn bei Neibauten, déi mer deementspriechend ëmmer an Optrag geholl hunn, an dat ass e Wee wou mer bis elo gutt gefuer sinn.

Wat d'Fro vun der Madame Goergen iwwer d'Refektioun vun diverse Publicitéiten ugeet: wat wouer ass, dat ass, dass déi Publicitéiten deier sinn, déi mer an der Press heiansdo musse maachen. Do ënnerleie mer de Pressentexter, wa mer déi Publikatioune maachen, fält dat esou aus.

Dann nach ofschléissend par rapport zu der Remarque vum Här Schiffmann, dat ass eppes wat mir eis säit enger Rëtsch Méint zu Häerz geholl hunn, dass mir méi op den Chantiere kontrolléieren, iwwer eise Bautepolizist, awer och iwwer eis zoustänneg Servicer, well mir oft mierken, dass d'Sensibilitéiten anerer sinn, wéi déi, déi mir déi als Awunner vun der Stad, déi hei liewen hunn, an do eis Servicer d'Approche huelen, méi present ze sinn. Dat Beispill, dat dir ginn hutt, ass eent vu villen, wou mer effektiv eng gewësse Weisung ugi wéi et soll lafen a wéi et net soll lafen.

Dat zu deene Präzisiounen. Da géife mer zu der Ofstëmmung vun den Décompté kommen, et ass elo keng Demande hei komm fir separat ofzestëmmen, da géif ech proposéieren dass mer en bloc ofstëmmen.

Wien ass mat deenen Décompten, déi hei virleien, averstanen? Dat ass unanime. Merci villmools.

**3. Genehmegung vun engem ausseruerdentleche Subsid**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géife mer weider goen an de Gemengefinanze mat dem Subside extraordinaire fir SOS Détresse, do proposéiere mer wéi all Joer, 100 Euro Subsid ze ginn?

Ass de Gemengerot mat deem Subside extraordinaire fir SOS Détresse averstanen? Jo, dat ass unanime. Merci. Da komme mer op den Haaptpunkt vun dësem Gemengerot, dat ass d'Schoulorganisatioun.



# 4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - GENEHMEGUNG

**1. Genehmegung vun de Ännerungen an der Schoulorganisatioun 2014/2015**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech proposéieren, dass mir mam éischte Punkt ufänken, dat si Changementer an der Schoul um Niveau vum Léierpersonal.

Do hutt dir hei e Courrier vum Romain Zuang virleien, mam Avis favorable vum Inspekter Marco Suman, dass d'Madame Marin, déi Léierin am Cycle 1 ass, an am Fondamental Gaffelt, déi en Accident hat, dass déi ersat ginn ass, an dass si ab dem 16. Juni 2015 hir Aarbecht rëm well ophuelen.

Mir hunn hei en Avis positif virleie vum Inspekter, mir hunn en Avis positif vum Comité d'école Gaffelt, sou dass ech hei dem Gemengerot géif proposéieren och deenen zwee positiven Avisen, déi mir virleien hunn, Rechnung ze droen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Merci fir déi Zoustëmmung.

Da gi mir op den Deich, do ass d'Propositioun, mam Avis positiv vum Inspekter an och vum Comité d'école, dass den Här Denis Wirtz ab dem 24. Juni 2013 bis den 13 Oktober 2015 aspréngt, an och do d'Charge vun der Madame Myriam Schütz iwwerhëlt, déi do am Congé de maternité ass, a verlängert gëtt op den 10. November 2015, an déi Zäit wou den Här Wirtz op senger Plaz ausfält gëtt hir ersat vun engem Surnuméraire.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Merci villmools fir och déi doten Zoustëmmung.

**2. Genehmegung vum Organisatiounsprojet fir d'Schouljoer 2015/2016**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mir zou der provisorescher Schoulorganisatioun vum Joer 2015- 2016 wéi gesot, en Haaptpunkt vun dësem Gemengerot, den 1. Entworf ass den 5. Mee an der Schoulkommissioun presentéiert ginn.

Si huet och hire positiven Avis ofginn, an och vun dëser Platz aus an der Opstellung vun der provisorescher Schoulorganisatioun en Merci un déi Comité d'Écolen, un hir Presidenten, awer och un eise Schoulservice, an un den Erni Ferrari, den och nach wäert zou eis stoussen, déi néideg Dokumentatiounen hat dir an ärem Dossier virleien.

Och déi traditionell Circulaire ministerielle gouf verdeelt.

Wéi gesäit elo d'Schoulorganisatioun 2015-2016 aus ?

Par rapport zum lafende Schouljoer 2014-2015 si keng gréisser Ännerungen. Et ass eng Hausse ze verzeechnen, mir hunn 2015- 2016 120 Klassen, 119 hate mir der dëst Joer, mir hunn Momentan 1910 Kanner déi sech ageschriwwen hunn, bis den Hierscht wäert dat nach änneren, d'Kanner sinn opgedeelt an 6 Schoulen an 12 Gebaier, an där kennt dass mir hei zu Diddeleng en dezentral Approche hunn, dass mir am Fong Quartiersschoulen hunn an dass mir an allen Deeler vun Diddeleng eng Schoul hunn an och mat der





Neiplanung vum Quartier Nei Schmelz gi mir op dee Wee.

Wat d'Klass selwer ugeet fir dat nächst Schouljoer, do si liicht Verschibungen, an engem Gebai ass eng Klass méi, an engem aneren ass eng Klass manner, mir hunn awer eng stabil Situatioun, wann een e bësse méi am Detail kuckt, hu mir hei zu Diddeleng 54% Lëtzebuerger Kanner an eise Schoulen, dovunner 6% mat duebeler Nationalitéit, 46% sinn net Lëtzebuerger, dovun hunn der 30% déi portugisesch Nationalitéit, a mir leie mat den 46% ënnert dem Landesduerchschnëtt.

Wat ganz flott ass, ass den nationale Bildungsbericht, an als Schoulkommissioun, lass geléist vun der ganzer Schoulorganisatioun, eis de Bildungsbericht an eng Sitzung vun der Schoulkommissioun op de Leescht huelen, well do si ganz interessant Donnéeën dra wat Diddeleng betrefft, fir och ze kucke wei eng Schrëtt ee kéint huele par rapport zu den Diddelenger Schüler an dem Enseignement, wat een natierlech National kuckt um Bildungsbericht, do sinn 51% Lëtzebuerger déi am Fondamental sinn, an 49% net Lëtzebuerger, dovunner 25,5% Schüler am Fondamental déi Portugise sinn, also mat 46% si mir do liicht ënnert dem nationalen Duerchschnëtt.

Och do wann ee kuckt zu Diddeleng, sinn 51,8% Jongen, 48,2% Meederchер, do leie mir identesch mam nationale Volet, do sinn 51,2% an 48,8% Schülerinnen a Schüler, a wann een natierlech de globale Volet kuckt do sinn 47 000 Schüler am Fondamental, hei zu Diddeleng hu mir der 1900, dat mécht 4% aus.

Et ass och ëmmer interessant ze kucken, fir Lokal an National de Verglach ze maachen, a wa mir de Bildungsbericht eng Kéier zesummen op de Leescht huelen an am Detail kucken.

1910 ageschriwwen, d'Schouljoer 14-15 hate mir, 1870 Kanner déi ageschriwwe waren, also e Plus vun 1,3%, also eng liicht Hausse, an et ass eng Hausse déi ze verzeechne war déi lescht Joeren.

Mir hu Schoule wéi den Deich oder Italien, déi hunn um Niveau vun hirer Zesummesetzung manner wéi 35% Lëtzebuerger Schüler, an dann aner Quartieren, wéi Waldschoul, Ribeschpont, Balzeng wou iwwer 75% Lëtzebuerger sinn, wou natierlech do Diskrepanze sinn, mee wou mir och wëssen dass d'Schoulen am Kader vum Plan de réussite scolaire déi néideg Initiativen huele fir par rapport zu der Populatioun och déi néideg Projeten auszeschaffen.

Wa mir lo kucken, 15-16, do bleift Zuel vum Précoce gläich, am Préscolaire hu mir 458 Kanner dat ass e Plus vu 25 Kanner; am Primaire 2155 Kanner a mir hunn déi Hausse déi mir ze verzeechnen hu fir dat nächst Schouljoer huet domadder ze dinn, dass mir engersäits 182 Schüler déi am Cycle 4.2 sinn, d'nächst Joer an de Lycée ginn, a mir hunn 225 Schüler, déi an den Cycle 1 noréckelen, a mir hunn eng Klass, déi zu Butschebuerg bäikënnt. Wa mer natierlech elo kucke wéi d'Opdeelung ass, Lëtzebuerger, Net-Lëtzebuerger am Précoce, dat sinn 45,6% also e Plus vun 2,2%, an ech mengen och do de Précoce mat den eenzegen Initiativen, d'Lëtzebuerger Sprooch déi do och geleiert gëtt, am Primaire ass 46,7% Net-Lëtzebuerger, do hu mir e Plus vun 1,2% an am Préscolaire 45,8% also e Minus vu bal 1% a mir hunn de Moment an där Situatioun wou 64% vun de potentielle Kanner, déi an de Précoce kéinte goen also et sinn der 64 am Précoce, dat ass zimlech stabel.

Knapp 70% sinn et der am nationale Bildungsbericht, also leie mir do nobäi.

Also 64% vun den Diddelenger Kanner déi am Précoce sinn, déi ab 3 Joer staatlech erzu ginn.

Wa mir da kucke par rapport zu der Educatioun morale, 34,1% ginn an den Moralscours, dat ass par rapport zu 2005, 2006 e Plus vun 9% an dat huet mat sech ze dinn dass mir an eiser Schoulpopulatioun ëmmer méi Schüler hu mat anere Konfessiounen an am Fong 65,9% an de Reliounsunterrecht ginn.

De bekannten Kontingent, all Joer vun den initialen 18 Stonnen déi mir mussen ofbaue vu Schouljoer zu Schouljoer, si mir am Moment op 16 Stonnen, mir hunn also en Kontingent vun 3529 Stonnen, also 39 Stonne bäikritt fir d'Schouljoer 15-16, engersäits well mer méi Schüler hunn a well mir zu Butschebuerg eng Klass bäi kréien.

Mir hunn e Koeffizient vun 1,89 pro Kand, dat ass d'Moyenne, mä och do ass et interessant ze kucken, de Koeffizient deen national festgeluegt ginn ass, ass 1,6 an dorop gëtt nach weider kalkuléiert, unhand vun de soziodemografeschen, Donnéeën, Études déi



de CEPS gemeet hunn. Mir hunn hei zu Diddeleng Schoulen déi leie ganz kloer bei 1,6 wéi zum Beispill eng Briller Schoul, dat si Schoulen, déi leie largement driwwer, bei zwou wéi eng Deicher Schoul, oder am Quartier, wéi gesot och am Quartier Italien zesumme kënnt, wou mir natierlech och e grousse Prozentsaz vun net-lëtzebuergesch Schülerinnen a Schüler hunn, och do den Detail ganz Interessant, deem entspriechend ze analyséieren.

Zu Butschebuerg hu mir e Plus vu 26 Stonne kritt, a mir haten do eng Demande gemaach, a mir hunn do och den Accord kritt hu vum Minister dass déi accordéiert ginn, déi 25 Stonnen am Brill waren ugefrot ginn, do huet den Comité eng Demande gemaach, déi ass ugeholl ginn, wat och gutt ass, am Kader vum Plan de Réussite scolaire, a mir hunn awer och 69 Stonnen am Cours d'accueil.

Fir dass déi, déi net sou staark sinn, och intensiv Sproochecourse kréien, fir herno an hir Classe d'attache kënnen ze goen, a besser betreit ginn.

D'Moyennë an der Klass leie bei 16-17 an engem ganz vernünftegen Kader, och bei der Nationaler Moyenne, och weider zwou Déchargen am Cycle fir d'Equipe multiprofessionnelle, wou mir och eng Léierin hunn déi an hirer Fonctioun als Psychomotorikerin am Asaz ass, beim Airtramp och do ganz wichteg Initiative setzt an ech mengen dass mir och gesinn dass dee Projet pilote ëmmer méi Fouss faasst, well och do d'Nofro grouss ass. Lenkeschléi, Strutzbierg, d'Précocen, Maison-relais, mueres Précoce a mëttes Kannerbetreiung, déi Approche Bildung a Betreiung, déi hei och kloer zum Virschäi kennt.

Hausaufgabenhëllef do si gutt 40 Kanner déi dat an Usproch huelen, dat sinn och Fraisen déi mir integral als Gemeng drohen, do hu mir jo och am Budget 40 000 Euro drastoen, dat si Fraisen déi den Ministère net iwwerhëlt, well e mengt dass nëmmen den Appui pédagogique finanzéiert. Nach si mir awer der Meenung dass déi Hausaufgabenhëllef wichteg an néideg ass, an ech menge wann ee weess dass gutt 40 Kanner déi Coursen an Usproch huelen, an de Schoule Butschebuerg, Brill, Deich, Strutzbierg, Gaffelt a Ribeschpont, déi Kanner an déi Course ginn, mengen ech och dass mir do wichteg Aarbecht leeschten um Niveau vum Léierpersonal.

Bëssen am Detail wat déi verschidde Schoulgebaier ugeet, wann een do de Rapport kuckt dee mir virleien hunn, ech fänke mat der Schoul Butschebuerg un, wéi gesot hu mir do eng Unitéit méi kritt, mir hate Schoulklassen vun 26-27 Kanner, déi gëtt gespléckt, am Brill kënnt eng 4. Klass bäi, am Cycle 3.1 gëtt eng Klass méi kreéiert.

Um Deich hu mer wéineg Changementer, eng pedagogesch Approche, déi anescht ass par rapport zu deenen anere Schoulen, well och d'Kompositioun eng aner ass, engersäits d'Initiativen déi geholl gi sinn, och mat der portugisescher Ambassad vum Léierpersonal fir Cours-intégréen unzebidden.

An awer och d'Confirmatioun, déi mir kruten iwwert den Échange mam Native speaker fir déi däitsch Sproch besser ze léieren, an déi Visite virun e puer Méint vum Éducatiounsminister speziell an der Schoul Deich, dat ass och e gutt Zeechen dass de Projet do Wichtegkeet huet, an de Fait, dass d'Schoul Deich virun 2 Wochen e Projet vun der Groussregioun matgemaach huet, wou engersäits franséisch an däitsch Schoulklassen dobäi waren, wou engersäits och Sproochevilfalt am Virfeld am Raum stoung an och ganz kloer ënnersträicht, wéi wichteg déi pedagogesch Approche ass, niewent dem ganzen Team-teaching, awer och de Projet mat den Ipaden, mat den Tableten, de ganze Volet digital Educatioun an, wat och wichteg ass, wat sech och an den nationale Régime aschreift. Dee Projet gëtt och weider gefouert.

Esouvill zou der Schoul Deich.

Dann d'Gaffelt, do si wéineg Changementer, niewent de Projeten déi mir wëlles hunn, dass mir do wëllen ausbauen.

Ribeschpont, natierlech do den Cycle 4.1 dee 25 Schüler huet, e bësse manner, 19 Schüler fir d'nächst Joer.

Do krut dir jo och d'Invitatioun fir d'Sonnenauer anzeweien.

Dat war och eng Propose vun der Schoulkommissioun dass bis op 251 vun der Route de Burange ausgeweit gëtt, fir den Ermiessungsraum méi grouss ze maachen.

Domadder war och kee Problem fir d'Schoul Brill, déi hiren Aval ginn huet.



Strutzbierg, do hu mir am Cycle 1 eng Klass méi, am Cycle 3 ass eng Klass manner.

An um Strutzbierg, déi nei Implantatioun vun der Commission d'inclusion scolaire vun der Équipe multidisciplinaire, déi regelméisseg schaffen an och am A behalen, d'Entwécklung vun der Créatioun vum Internat an der Zoufftgener-Strooss, bei Pro Familia dat ass och bëssen en Impakt op d'Schoul.

Natierlech hu mir déi Demande fir méi Éducateuren ze kréie fir um Strutzbierg, dat ass vum Ministère refuséiert ginn.

An der Équipe multiprofessionelle, do hu mir 2 Éducatrice-graduéeën, déi disponibel si fir déi 6 Schoulgebaier, eng Psychomotorikerin déi op déi spezifesch Besoine vun de Kanner aginn.

Wat och muss fixéiert ginn éier d'Schoul ugeet dat sinn d'Pausen, déi si mueres tëschent 9:35 an 9:50 a mëttes tëschent 15:40 an 15:55, do kennen och Ofwäichunge stattfannen, déi mussen dann awer och gutt geheescht ginn am Virfeld, sougenannte Plan de surveillance.

Dat zum Abléck an déi verschidde Schoulen, wat een awer och nach ka soen, dass mer 46 Kanner dëst Joer haten déi aus anere Gemenge komm sinn, a 44 Schoulkanner haten déi vun Diddeleng an anere Gemenge waren, well d'Elteren an där Gemeng schaffen oder ee vun der Famill do ass.

A wat och interessant ass ze kucken ass d'Allongementer am Fondamental sinn 51 Kanner déi 2014-2015 am Allongement sinn.

Firwat déi Kanner am Allongement sinn, wat déi Grënn sinn, wa mer e bëssen dorop aginn, do kann een och ronderëm eng ganz Strategie entwéckele wann ee wëll.

Plan de réussite scolaire, d'lescht Joer hate mir an der Presentatioun vun der Schoulorganisatioun gutt geheescht, déi si valabel während dräi Joer, also bis Juli 2017 an ech mengen do déi néideg Projete weiderlafen, wat och en neien Moment wäert gi fir d'Schoulorganisatioun vum Joer 2015-2016 ass natierlech d'Schoulschwamme mat der neier Schwemm déi opgeet, sou dass d'Schoulkanner hei zu Diddeleng kënne schwamme goen, niewent dem Strutzbierg, awer och eng nei Platz fannen, wou d'Schoulschwamme ka stattfannen, an och an deenen Dispositioune wéi d'Circulaire Gesetz et virgesäit, wou awer ni e Problem war zwëschent dem Léierpersonal an eise Schwammmeeschteren, fir dat do sou gutt wéi méiglech ofzewéckelen, an das mir och do d'Kanner déi Schwamme leieren, dat kennen erméiglechen.

Ech wëll hei och nach präziséieren, dass am Kader vun der Schoulorganisatioun 14-15 déi och déi Diskussioune ware ronderëm Mëllech an der Schoul, do hate mir Kontakt opgeholl mat der Luxlait, fir am Schouljoer 2015-2016 dat ulafen ze loossen, do si mir bei der Conclusioun, eng Schoul déi sech gemellt hat, mir haten eis mat Luxlait zesummegesat an déi Diskussioun war net concluant.

Well d'Organisatioun ze schwéierfälleg war, sou dass de Projet vum Dësch war. Si hu sech virgestallt, dass een do just misst Frigoen zur Verfügung stellen, mat Fläschen, also keen Apparat mat Suen oder Stongen, wou ee géif dra setzen, an do ware mir eis séier eens, dass de Projet net ëmsetzbar ass.

Dat zum Abléck an d'Schoulorganisatioun, wat och parallel leeft, a wat mir och virgestallt hunn an der Sitzung vun der leschter Schoulkommissioun war de PEP, Bildung a Betreiung zesummen, wou déi zwee gefördert ginn, do gëtt och dëst Joer systematesch an iwwergräifend, Zesummenaarbecht ze förderen, zwëschent Schoul, Fondamental a Maison-relais, ech mengen dass do Ausblécker gemaach gi sinn, iwwert déi verschidde Synergien déi wäerte geholl ginn, engersäits d'Aufgabenhëllef, do war eng Diskussioun an der Schoulkommissioun, um Niveau vun der Visibilitéit, déi Hausaufgabenhëllef déi vum Fondamental ugebuede gëtt, déi aner Hëllef déi vun der Maison-relais ugebuede gëtt, dass probéiert gëtt, déi zwou einfach ze fusionéieren, sou dass och vis-à- vis vun de Kanner an den Eltere méi kloer ass, a wou dann och d'Personal do ass fir d'Hausaufgabenhëllef ze halen, dënschdes oder donneschdes, entweder an der Schoul oder an der Maison-relais.

Dann ass festgehale ginn, dass alleguerten d'Schoulmannifestatioune gemeinsam organiséiert ginn, dass och probéiert gëtt, d'Gemengesäll esou vill wéi méiglech gemeinsam ze notzen, och an dem Esprit wou mir probéieren Lenkeschléi ze plangen, dass mir probéieren de Volet LASEP auszebauen, och do leeft déi Collaboratioun weider, an dann och de ganze Volet Art à



l'école, dee weider gefouert gëtt, da wat renforcéiert gëtt, dass de Volet mat der regionaler Museksschoul, do ware Sitzungen déi stattfonnt hu mat eise Servicer a mat der Museksschoul, mam Direkter vun der Musekschoul, fir och do déi Förderung méi eriwwer ze bréngen an natierlech och ze kucken ënnert wéi enger Form mir probéieren d'Veräiner mat eran ze bréngen, dass se och hir Offer kënne presentéieren an de Maison-relaisen, an dass ee probéiert, dat méi iwwergänglech ze maachen.

Dat zu dësem Volet, vum Plan d'encadrement périscolaire.

Wat mir och dëst Joer wäerte maachen, wat och agerass ass, dass mir e Schoulbued editéieren, een deen e flotten Aperçu gëtt, iwwert déi lokal Organisatioun vun der Schoul hei zu Diddeleng a wat en neien Moment wäert ginn am Oktober 2015, wäerte Neiwale si vun den Elterevertrieder an den jeeweilege Comité d'école, an da wäerten an eiser Schoulkommissioun nei Vertrieder kommen.

Mir wëssen, dass dat net evident ass, mä no der Erfahrung mat den Elteren déi den Moment do sinn ass dat awer positiv.

Da sinn do nach déi Projeten niewent der Schoulorganisatioun, déi eis wäerte begleeden, wou och en Impakt op d'Organisatioun wäerten hunn, de Projet Zentrum, de Projet Am Duerf, nei Wunnengen, déi mir kréien, Lenkeschléi mat der neier Schoul, Pro Familia, Gaffelt mam Neibau an natierlech mengen ech Haut kennen zur Conclusioun kommen, dass mir e Fondamental hunn, e Précoce hunn, dee gutt funktionéiert, dee gutt Echoe kritt, besonnesch wou de Bedierfnisser vun de Kanner Rechnung gedroe gëtt, dat gesäit een um Plan de réussite scolaire.

Mir hunn e Schoulsystem zu Diddeleng dee gutt funktionéiert, an den Mérite läit beim Léierpersonal, beim Comité d'école, bei hire Presidenten, beim Schoulservice. Et ass déi gutt Zesummenaarbecht vun de verschiddenen Acteuren an hirem jeeweilege Rôle, et ass hir Energie, déi derzou bäidréit, dass dat hei zu Diddeleng einwandfräi leeft, a mir kënnen eis ëmmer erëm dovunner iwwerzeegen.

Dëst ass eng wichteg Diskussioun, an ech mengen et ass wichteg dass mir gemeinsam d'Grondausriichtung vun der Diddelenger Schoulorganisatioun festleeën, dass mir déi approuvéieren, an dass mir do iwwergräifend an déi richteg Richtung ginn, fir dass d'Schüler hei déi Qualitéit kréie wéi mir dat déi lescht Joere gewinnt waren.

Merci fir äert Nolauschteren, dat ass dat wat ech als Informatioune wollt ginn, zu der Schoulorganisatioun, an Diskussioun ass elo op, respektiv d'Stellungnahme kënnen elo geholl ginn.

BOB CLAUDE (LSAP): Wéi all Joer ëm dës Zäit huele mir déi provisoresch Versioun vun der nächster Schoulorganisatioun vun eiser Grondschoul ënnert d'Lupp, dobäi kënne mir eis op de Rapport vun der Schoulkommissiounssitzung vum 5. Mee beruffen, a vun hei aus en Merci u säin Auteur, den Erni Ferrari vum Schouldéngscht, dëse Rapport ass och dëst Joer komplett a präzis ausgefall.

Dat wichtegst an enger Schoulorganisatioun ass am Endeffekt d'Schülerzuel vun de Klassen, an do si bis elo all Klassen ënnert 20 Schüler, a vill Klassen dovun zwëschen 13-16 Schüler, hoffe mir dass am Laf vun der grousser Vakanz net zevill Schüler dobäi kommen, a wa schonns dann an Klasse mat klengen Effektife kënne gesat ginn.

Wann ee bedéngt dass den Kontingent muss agehale ginn, ass et erstaunlech dass et rëm gelongen ass uerdentlech Klasseneffektife mat enger Moyenne vun 16-17 Kanner ze realiséieren, et ass och fäerdeg bruecht ginn, bäizebehalen, dass zu Diddeleng d'Geschwëster aus enger Famille bis op seelen Ausnamen an dat selwecht Schoulgebai geschéckt ginn, an och deen een oder anere Wonsch vun den Elteren erfëllt ka ginn, et ass Interessant ze kucken ob dës favorabel Situatioun vun den Klasseneffektifen nach laang bleiwe kann, besonnesch well a kengem Schoulgebai eidel Säll stinn.

Ech hunn nogefrot wéi d'Kannerzuel vun den nächsten 4 Joer vum éischte Schouljoer dem C21 wäert sinn.

Am Schouljoer 15-16 sinn 228 Schüler ageschriwwen déi Zuel geet an de Schouljoeren 16-17, 17-18 an 18-19 mat 187, 188 an 193 sensibel erof, dobäi klëmmt och d'Zuel vun de Schüler déi am 6. Schouljoer d'Grondschoul verloosse vun 15-16 bis 18-19 mat 186, 235, 254 an 205.






D'Situatioun ass berouegend, Diddeleng wiisst awer weider, och mam Bau vun der neier Schoul Lenkeschléi ëm 2018, soll ee sech wéinst der isoléierter Lag keng Wonner erwaarden.

Ech kommen elo op d'Gesamtverhältnis Lëtzebuerger 54,3% an Net-Lëtzebuerger 45,7% kuerz ze schwätzen.

An deene leschten Deeg ass hei am Land vill vum Mateneeliewen an dem Niewenteneeliewe vun den Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger geschwat ginn.

Ech menge behaapten ze kennen dass et an all eise Schoulen e gutt Zesummeliewen vu Kanner mat 45 verschiddenen Nationalitéite gëtt.

Wichteg well batter néideg sinn déi verschidden Hëllefsmoossnamen, sou ass et eng gutt Saach, dass déi 6 Schoulpresidenten an Ofsprooch mat hire Schoulkomiteeën déi 390 Appuisstonnen dohinner verdeelt hunn, wou si am meeschte gebraucht ginn.

D'Zuel vun de Stonne fir Cours d'appui bleift op 69, dës Kanner, déi sougenannte Primo-arrivanten, sinn an normalen Klassen ageschriwwen, a ginn do vun 3 Enseignanten ënnerstëtzt.

Eng weider wichteg Hëllefstellung kënnt vun der Équipe multiprofessionnelle mat 2 Éducatrice-graduéen, mat 2 Orthophonistinnen, 1 Psychomotricienne motologue, an enger Léierin, déi sech mat Schüler mat Besoin-spécifiquë bekëmmert.

Och fir dat nächst Schouljoer kritt de Brill eng supplementaire Léierpersoun fir d'Ëmsetze vun hirem PRS.

Fir Noutfäll sinn 19 Stonnen Assistance en classe virgesinn, fir d'Ersetze vum Léierpersonal stinn 138 Stonnen zur Verfügung.

Och wann d'Schoulressorten an d'Modalitéite vun der Aschoulung fest stinn, soll ee sech an Ausnahmefäll all Méiglechkeet opstoe loossen.

Déi ronn 1905 Schüler an hiert Léierpersonal kënnen op déi materiell a logistesch Ënnerstëtzung vun eise Servicer zielen.

An deem Sënn weisen ech op d'Fussballstournéier fir déi 6 Grondschoulen en Donneschdeg den 2. Juli ab 9 Auer moies um Stade Barozzi hin, an d'Kanner aus dem Précoce an dem Préscolaire freeë sech op d'Sportswoch vun der LASEP an deene leschten Deeg vun dësem Schouljoer.

Freeë kënne sech och vill Diddelenger Schoulkanner well si déi éischt sinn, déi an der Schwemm vum Centre Hartmann schwamme kënne goen.

Wat de PEP ugeet, stellen ech fest, dass säit senger Aféierung munches geschitt ass, an an Zukunft wäert geschéien. Sou zum Beispill funktionéiert d'Hausaufgabenhëllef ab dem nächste Joer fir Kanner aus der Maison-relais zesumme mat deenen anere Schüler aus de Cyclen 3 a 4, déi vun den Titulairë gemellt ginn.

D'Collaboratioun mat der LASEP, Art à l'école a Musekschoul gëtt weider gefouert. Dat selwecht gëllt fir déi aner Associatiounen, déi sportlech an artistesch Aktivitéiten ubidden.

An do hunn ech vum Mady Wegener aus dem Service Structures d'accueil e ganz interessant Dokument geschéckt kritt. E grousse Merci dofir. Aus deem Dokument gitt dir gewuer, dass aus 6 vun deene 7 Maison-relaisen, also insgesamt 108 Kanner 17 verschidde Sportaarten zu Diddeleng an ausserhalb besichen.

17 Kanner gi vun enger Persoun vum Veräin ofgeholl.

Déi meescht Kanner gi vun Elteren, Grousselteren, Bekannten oder Geschwëster ofgeholl.

Déi méi grouss Kanner ginn alleng an de Sport, 13 Kanner kommen nom Sport an d'Maison-relais zeréck.

De Schoulbus vun der Gemeng gëtt fir den Transport vun de Kanner an d'Museksschoul ugebueden.

D'gemeinsamt Benotze vu Schoulsäll gëtt ugestrieft, interessant wär et, gewuer ze gi wat am Sous-sol vum Gebai Brill mat de Lokalitéite vum CAD Power geschitt. Hoffentlech kënnen déi an Zukunft fir schoulesch an ausserschoulesch Aktivitéite benotzt ginn.

D'LSAP stëmmt dës provisoresch Schoulorganisatioun.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, där waart ganz explizit an der Virstell-



ung vun der Schoulorganisatioun, där hutt all Zuele genannt an analyséiert, an ech denken net, dass et noutwenneg ass do nach eng Kéier drop anzegoen.

Allgemeng schéngt d'Schoulorganisatioun hei zu Diddeleng relativ gutt ze funktionéieren. Wann ee kuckt, ass näischt Aussergewéinleches, dat virläit: d'Schülerzuele gi moderat an d'Luucht an de Contingent vu Schoulstonnen, dee mir zegutt hunn dréit deem och Rechnung, mir hunn insgesamt keng Problemer wat d'Raimlechkeeten ubelaangt an et ass och schonn eng AG gebilt gi fir d'Bedierfnisser vun der Schoul am neie Quartier Lenkeschléi ze plangen.

Anscheinend muss drop opgepasst ginn, dass d'Structure d'accueil net ze kleng geplangt gëtt.

Am Beräich vun de Structure-d'accueillë musse mir insgesamt kontinuéierlech ausbauen, well hei ginn et nach Waardeléschten.

Wann een d'Demandë fir de Précoce kuckt, stellt sech eraus, dass fir d'Kopplung vu Précoce a Maison-relais d'Nofro am stäerksten ass

an dofir fanne mir, dass grad hei nach mussen Efforte gemaach ginn. Souwuel d'Zäitplagë fir d'Kanner am Précoce mussen erweidert ginn, den Zougang zu der Kantin muss erméiglecht ginn, wéi och d'Koppelung vu Précoce a Structure d'accueil muss weider ausgebaut ginn. Dat ass natierlech net kuerzfristeg méiglech, et ass awer e Prozess an deem mir dra sinn an deen ni wäert wierklech ofgeschloss sinn.

D'Zesummenaarbecht zwëschent de Schoulen an den Maison-relaisë schéngt gutt ze klappen, dat ass erfreelech.

Mir fannen et och positiv, dass de Problem mat der Hausaufgabenhëllef geléist ginn ass, an dass elo keen Ënnerscheed méi gemaach gëtt zwëschent der Hëllef vun de Maisons-Relaisen an deeër vun der Gemeng.

Mir begréissen och, dass am Kader vum Plan d'encadrement périscolaire weiderhin Efforte gemaach gi fir d'Veräiner unzeschwätzen a Méiglechkeeten ze fannen, fir dass méi Kanner aus de Maison-relaisë kënnen un de verschiddenen Aktivitéiten vun de Veräiner deelhuelen.

Et ass awer besonnesch flott, dass elo vum nächste Schouljoer un och d'Zesummenaarbecht mat der Museksschoul zustane kënnt. Virgesinn ass, dass d'Museksschoul sech an de verschiddenen Maison-relaisë virstellt an dass déi interesséiert Kanner mam Schoulbus an d'Museksschoul bruecht ginn. Dat ass an eisen Aen eng wichteg Étappe, a mir hunn eis ëmmer staark gemaach fir dass do versicht gëtt, eng optimal Léisung ze fannen a mir sinn do um richtege Wee.

An den eenzele Schoulgebaier schéngt d'Organisatioun gutt ze klappen, eise performante Schoulservice, zesumme mam Inspekter a mat de Schoulkomiteeën, schéngt dat gutt am Grëff ze hunn. Dat ass berouegend an eng Viraussetzung fir dass d'Schoul sech kann op hire pedagogeschen Optrag konzentréieren.

Mä pedagogesch Diskussioune ginn hei wéineg gefouert an dat ass schuet. Et fält op, dass d'Schoul um Deich probéiert, pedagogesch en anere Wee ze goen, an dat ass sécher och op deem Hannergrond dass si de gréissten Undeel un net-lëtzebuergesche SchülerInnen huet, 51,48% portugisesch Schüler par rapport zu 27% Lëtzebuerger.

Um Deich gëtt et eng Zesummenaarbecht mat der portugisescher Ambassad fir d'Cours-intégréen a portugisescher Sprooch besser ze gestalten a si verfügen am Kader vun engem internationale Projet iwwert en däitschen Native speaker fir déi däitsch Sproch ze promovéieren.

Dat hunn ech awer just am Bericht gelies, an ech fannen dat sinn interessant Initiativen, déi sollte villäicht och mol méi no bausse gedroe ginn, an diskutéiert ginn, well dat kënnt jo och mol e Beispill si fir aner Schoulen. Den Deich ass och déi eenzeg Schoul wou d'SchülerInnen aus engem Cycle zesumme sinn, also zwee Joergäng an der selwechter Klass.

Mir géingen et sënnvoll fanne fir d'Motivatioun an d'Resultater aus dëser Virgoensweis virgestallt ze kréien, an et wier ze iwwerleeën ob déi Method net soll generaliséiert ginn. Spontan gesinn ech als Avantage, dass wann zwee Joergäng zesumme sinn, dass do ee ka vun dem anere léieren. Ech selwer war an enger klenger Duerfschoul, do hat de Schoulmeeschter siwe Klassen an engem Sall. Et ass net fir dohinner zeréck ze goen, mä ech muss soen, et ka wierklech ee vun dem anere léieren, an et war ganz flott.



An e weidere Virdeel: déi Kanner, déi méi schwach sinn an eng Klass musse widderhuelen, déi gi manner stigmatiséiert.

Sécher ass, dass d'Enseignanten d'Experten um Terrain sinn, mä mir fannen, dass d'Politik och eng Verantwortung huet, an déi soll sech net nëmmen op dat rengt Organisationellt beschränken.

De Bildungsbericht "Lëtzebuerg 2015", deen elo kierzlech publizéiert ginn ass, huet niewent dem Zuelematerial och nach en zweete Volet, an dat sinn Analysen.

De Bericht ass wierklech excellent, en ass am Optrag vun der Éducation nationale, vu WëssenschaftlerInnen vun der Uni Lëtzebuerg verfaasst ginn an e weist op eng Rei vun Mëssstänn an der Schoul hin, déi fir déi Leit um Terrain net nei awer trotzdem revoltant sinn.

Sou doubléieren d'Kanner mat engem net-lëtzebuergesche Sprochhannergrond, virun allem portugisesch Kanner, alarmant oft. Beim Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire spillen net nëmmen d'Leeschtung mee och de Status vun den Elteren an den Migratiounshannergrond eng Roll.

An am Secondaire classique hu mär nëmmen 12,9% portugisesch Schüler déi en Ofschloss hunn, am Verglach zu 44,3% Lëtzebuerger.

Ech deelen net den Optimismus, dass mär dat mam Appui alles gutt an de Grëff kréien, do leien d'Ursaachen e bësse méi déif. Ech hunn de Moien duerch Zoufall e Vertrieder vun der portugisescher Communautéit, de José Ferreira, héieren am Gespréich mam Gilles Wunsch um 100,7; wou e gefrot ginn ass, wat hien vun engem Integratiounsministère géing halen sot hien, eigentlech bräichte mär kee Ministère, mär bräichten eng Integratioun um Terrain, a fir hie wär wichteg gewiescht, dass hien an der Schoul Hëllef erfuer huet.

Hëllef déi net nëmmen zoufälleg ass, mee organiséiert systematesch Hëllef, an doduerch fillt ee sech integréiert, an et entstinn och keng Ressentimenter.

Ech denken dat wier de richtege Wee, mä Appui geet net duer fir dat ze maachen.

Fir erëm op de Bericht zeréckzekommen: dee Bericht lamentéiert awer net nëmmen, e weist ganz vill Léisungsméiglechkeeten op, besonnesch wat de Sproochenerwerb an d'Alphabetiséierung ubelangt.

D'Wëssenschaftler soen, dass et immens wichteg ass, d'Lernschwäche fréi, d.h. schonn am préscolaire an am Ufank vum Enseignement fondamental ze erkennen an duerch geziilt Förderungsmoossnamen auszegläichen.

Weiderhi brauch een, hirer Meenung no, och keng kostspilleg Materialen, fir d'Lies- a Rechtschreiwfäegkeete vu klengen Kanner ze verbesseren, mee noutwenneg ass eng Schulung vum Léierpersonal wat neurowëssenschaftlech Grondlagen vum Léieren ubelaangt, an och den Opbau vun enger diagnostescher Kompetenz. Dat sinn Usätz, déi Courage maachen an an der Lag sinn, de Leit um Terrain ze hëllefen.

Mir wollten dofir vierschloen, an der Schoulkommissioun mol doriwwer ze diskutéieren ob et net sënnvoll wier, eng Journée pédagogique fir all d'Enseignanten hei zu Diddeleng ze organiséieren. Am Lycée ginn esou Journéeën och regelméisseg organiséiert.

Verschidde Wëssenschaftler, déi um Bildungsbericht mat geschafft hunn, sinn och bereet, Presentatioune fir Interessenten ze maachen, an den Tour duerch d'Gemengen ze maachen, a mir menge fir déi vill Problemer déi et unzegoe gëllt, wier et wichteg, dass Wëssenschaftler a Politiker, a virun allem d'Leit um Terrain, géingen zesumme schaffen. Et wier schuet wann deen excellente Bericht, deen deen éischten ass vun dëser Qualitéit, wann dee rëm géif am Tirang verschwannen, en huet nämlech Potential fir Verännerungen um Terrain ze bewierken. Leider gëtt en an der Ëffentlechkeet vill ze wéineg diskutéiert, do geet et ëmmer nëmmen ëm Streik a gewerkschaftlech Fuerderungen, déi mat pedagogesche Fuerderungen wéineg ze dinn hunn.

Selbstverständlech si mär mat der Schoulorganisatioun averstanen. Ech soen iech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären aus dem Gemengerot, och am Numm vun der CSV en éischte Merci un den Erni Ferrari a seng Équipe fir déi flott Opstellung vun der Schoulorganisatioun hei vun Diddeleng, transparent, detailléiert, sou wéi mär et gewinnt sinn, woubäi d'Fro erlaabt dierf sinn, firwat mir net alles



just per Mail geschéckt kritt hunn, well mir hu jo alleguerten heibannen zënter kuerzem eng E-Mail-Adress op der Gemeng an ech mengen dee grousse Pabeierbierg wär net esou néideg gewiescht.

Den Här Buergermeeschter sot, d'Diskussioun iwwert d'Schoulorganisatioun ass eng wichteg Diskussioun, mär schwätzen iwwert d'Grondausrichtung vun der Schoulpolitik hei zu Diddeleng, an awer och iwwer Kanner an urbanistesch Politik, iwwert d'Ausrichtunge wéi et hei zu Diddeleng weider geet.

Diddeleng huet sechs Schoulen, mir hunn de Wee vun de Quartiersschoulen ëmmer explizit ënnerstëtzt, all Quartiersschoul huet eng eegen Nues, all Quartiersschoul huet hiren eegene Profil an hir Perséinlechkeet an dat ass och gutt esou.

Ech ënnersträichen all Joer hei, dass mär kënne stolz sinn op eis gutt funktionéierend Schoulen. Mat der Reform vun der École fondamentale 2009 hate mär vill Suergen an Ängschten, ob dat Zesummespill vu 6 Schoule gutt géif klappen. Net nëmmen déi 6 Schoule mat hire Presidenten a Comitéen, mam Léierpersonal, den Kanner déi halen zesummen a schaffen zesummen, mee och dat Zesummeliewe vun der Schoul mat de Structure-d'acceuillen, de Maison-relaisë klappt zu Diddeleng exemplaresch, wann ee mat anere Leit aus anere Gemenge schwätzt, ass dat absolut net iwwerall de Fall.

E grousse Merci all den Intervenanten an de Schoulen, an de Maison-relaisë vun döser Platz, dass dat net einfach ass, kréie mär ëmmer mat, mir hunn deemools 2009 zähneknirschend zur Kenntnis geholl dass Diddeleng iwwer 10 Joer all Joer muss 16 Stonnen Encadrement muss reduzéieren, dank dem Wuesstem vun Diddeleng, Dank dem een oder anere gudde Plan de réussite scolaire kréie mär awer heiansdo puer Stonnen erausgeschloen, mä et ass virun allem Dank der Flexibilitéit an dem gudde Wëlle vum Inspekter, vun de Presidente vum Léierpersonal doduerch bréngе mär et fäerdeg dass all Joer hei zu Diddeleng eng gutt Organisatioun hei zum Vote läit.

D'Zesummenhale vun de Schoulen hei zu Diddeleng ass exemplaresch, an dat ass net eise Mérite, et ass de Leit vum Terrain hire Mérite an do nach eng Kéier e grousse Merci.

Ech hunn awer nach eng Fro, à propos vum Kontingent, villäicht kann den Här Ferrari mir do Auskunft ginn, wéini soll eng nei Evaluatioun vun den Critèren opgestallt ginn, oder geet de Ministère op eng nei Richtung wéi dee soll verdeelt ginn?

Mär sinn eis jo eens, dat hu mär ëmmer erëm betount, wat d'Bewäertung vun de Critère-sociauxen ubelaangt, dass Diddeleng do ganz optimistesch agestuuft ginn ass, an dass do dank dem Zesummenhalen et méiglech ass eng optimal Schoulorganisatioun ze realiséieren.

Da kommen ech op déi verschidden Detailer vum Rapport.

Als éischt schwätzen ech iwwert de Précoce. D'Schoulbildung an de Succès vun de Schoulen hänkt net nëmme mat deem zesumme wat am Appui geleescht gëtt, mär wëssen dass d'Integratioun muss iwwert d'Sprooch goen, dat war och d'Iddi vum Précoce, virun allem net-lëtzebuergesch Kanner kënne ganz fréi mat der Lëtzebuerger Sprooch konfrontéiert gi fir dass se e bëssen eng gläich Chance hu wa se an de richtege Schoulsystem kommen, fir dass se do schonns fit sinn.

Mär hunn ëmmer dofir plädéiert, dass de Précoce muss ausgebaut ginn, dat war e bëssen zögerlech, mä ech denken, Diddeleng ass momentan schonns op e relativ gudden Niveau wat d'Ugebuet vum Précoce ubelaangt.

Mär hunn déi Strukture Précoce, Maison-relais um Strutzbierg an op Lenkeschléi wou Betreiung vu 7:10 h bis 18:10 h all Dag méiglech ass, a schonns am Mäerz waren dës Strukture voll besat, mir hu fir déi 32 Plaze momentan 37 Demanden, ass dat net de Beweis, dass genee dës Formule d'Besoinë vun den Elteren an de Kanner deckt?

Ass dat net de Beweis, dass mär zu Recht gefuerdert hunn, dass mir Précoce Maison-relais Strukture mussen ubidden?

Mir haten als CSV dës Fuerderung säit 10 Joer, mär hunn ëmmer gesot, et muss eng Offer Précoce an all Schoul sinn, sou wäit si mär jo schonns an et muss een Opmaachen do si fir d'Précoce-Kanner an d'Structure-d'accueilen ze ginn, well wéi mär virdru soten, grad déi Kanner déi net Lëtzebuergesch doheem schwätzen, déi solle mat der Sprooch esou fréi ewéi méiglech a Kontakt kommen.



Dass grad dës Offer, déi mär an eisem Programm hunn, wou d'Kanner all Dag genee wéi d'Primaires- an d'Spillschoulskanner kënnen an d'Schoul goen an de ganzen Dag betreit ginn, dass déi Offer Succès huet, an op der anerer Säit e Réckgang ëm 27 Kanner bei deenen anere Proposen ze gesinn ass, dat huet jo och eng kloer Ursaach: vill Eltere brauchen - fir kënnen hir Kanner iwwerhaapt an de Précoce ze schécken - eng Kantinsplaz fir Mëttes fir hiert Kand.

Mär bidde fir déi Kleng am Précoce net op all Site eng Kantin un, an d'Eltere brauche mindestens ee mëttes fir hir Kanner an de Précoce ze schécken, dat hu mär all déi Joere schonns gesot, a mär vermëssen do kloer Iddien, an och de Courage fir dësem Besoin Rechnung ze droen.

Ech hoffen, dass an der Gaffelt, wou en Ausbau geplangt ass, an och op Lenkeschléi, dass do och fir eis kleng Kanner aus dem Précoce Plaz an der Kantin ass.

Wéi ass déi momentan Situatioun fir eis kleng Matbierger?

Privat Crèchen iwwerhuelen dës Tâche a bidden e Mëttesdësch u fir vill Kanner aus dem Précoce an och aus der Spillschoul. Et kann een elo soen, dat arrangéiert eis, da gesäit et esou aus wéi wa kee Besoin do wier, mä där wësst jo awer och, dass d'Leit léiwer géingen op eng Gemengestruktur zeréckgräifen, a mär brauchen eis net ze schummen, mär hunn excellent Personal, mär hu kleng Gruppen, e gudde Programm, mär schwätze virun allem Lëtzebuergesch wat an de Crèchen net ëmmer de Fall ass, eis Kanner gi vill an d'frësch Loft. Maacht eis Kantinnen op fir de Précoce fir dass och déi ganz kleng méi no bei eng Chancëgläichheet gefouert ginn.

Ech hunn och nach eng Fro dozou, am Schreiwes steet och, dass den "Nombre des élèves inscrits au Précoce augmente généralement au cours de l'année scolaire", ass dat just wann d'Kanner aus anere Gemenge kommen oder gi mär en neie Wee, dass d'Kanner sech och am Laf vum Joer kënnen an de Précoce aschreiwen ?

Da kommen ech op déi eenzel Gebaier ze schwätzen: Butschebuerg, mir hunn héieren, do kënnt eng Klass bäi, mä de ganzen Optimismus kann ech net deele well et feelt e Sall. Mär wëssen, dass den Art à l'école Sall muss geraumt gi fir Plaz ze schafen, eng Ureegung vun eiser Säit: an der Butschebuerger Schoul huet de Camping Caravaning Club e Sall, wou awer laut der Ausso vum Léierpersonal maximal ee- bis zweemol am Joer eng Réunioun ass. Den Appel vun eiser Säit, dass villäicht d'Gemeng sech soll mat deem Club a Verbindung setzen, mär wëssen dass mär dem Syndikat d'initiative Bureauen zur Verfügung gestallt hunn, wou och e Konferenzsall ass, wär et net eng Iddi, dem Club d'Propose ze maachen, dee Sall an der Butschebuerger Schoul ze libéréieren, wann een hinnen als Alternativ de Konferenzsall vum Syndicat d'initiative Bureau géif ubidden. Well dann hätte mär e Sall wou den Art à l'école ka bleiwe well et heescht, dass Art à l'école nach soll weider gefouert gi wann de Sall geraumt ass, mä d'Fro ass wou.

Vum Interesseveräi Butschebuerg ass och e Sall do.

Do muss een eng Démarche maache fir d'Veräiner aus de Schoulen ze huelen, oder wéi gesot gouf, am Brill gëtt e Sall fräi, mä et ass schuet, dass den Art à l'école Sall zu Butschebuerg muss geopfert gi wou mär awer nach aner Raimlechkeeten an deeër Schoul hunn.

Och nach dozou ze soen, Butschebuerg ass och e Quartier dee weider wiisst, am Angeldall si vill nei jonk Famillje mat ville klenge Kanner, an et muss ee souwisou kucke fir eng optimal Opdeelung ze kréien.

Dann eng Remarque zu der Gaffelt: den Ausbau/Neibau ass liewens- a bluttnoutwenneg, an do ass just eng Fro, wéi gesäit et do aus mam Timing, mam Planning, wéini kréie mär Pläng virgestallt, an hei och nach e waarmen Appel, och e Précoce wär do noutwenneg well dat e Quartier ass mat enger héijer Auslännerunzuel, an ech denken et wier wichteg fir d'Eruféiere vun deene Klengen un déi Lëtzebuergesch Sprooch iwwert de Précoce.

Dann zum Strutzbierg, den Här Buergermeeschter huet et virdru gesot, mär hunn dofir plädéiert, dass d'CIS also d'Commission d'inclusion scolaire hei zu Diddeleng soll behale ginn a mir hunn hinnen eng Platz um Strutzbierg ginn, mär war awer net bewosst, an dat hunn ech an der Schoulkommissioun du matkritt, dass mär doduerch am Spillschoulsgebai der Spillschoul e Klassesall ewech huelen, an elo si mär an der onglécklecher Situatioun, dass déi eng Spillschoulsklassen an



deem giele Gebai sinn, an eng Spillschoulsklass muss dann eriwwer pilgeren an dat grousst Gebai, wat jo awer schuet ass, well déi Spillschoule ganz vill flott Aktivitéiten zesumme maachen, an do ass och mäin Appel un eis Gemengeresponsabel, kënne mär d'CIS net awer entzwousch anescht ënnerbréngen, mär hu jo de Service médico-scolaire, déi am Container sinn op dem Site, dann ass jo do och d'Maison-relais, hu mer do net eng Méiglechkeet, oder am ale Gebai vum Gaswierk?

Eng aner Propose ass, villäicht ass nach Raum am Gebai wou mär ëmbauen, also dat aalt Jung-Haus, wou den Office social era kënnt, ass do net eng Méiglechkeet, dass mär och do der Schoul net e Sall hypothekéieren duerch eng absolut berechtegt Nidderloossung vun der CIS hei zu Diddeleng? Et muss ee kucke fir eng besser Méiglechkeet ze fannen, virdru war Pro Familia ugeschwat ginn, erlaabt mir als Presidentin vum Verwaltungsrot vu Pro Familia déi Informatioun matzeginn, d'Iddi vum Internat fir 30 Kanner deen op de Site soll vun der Pro Familia kommen, do si mär an Diskussioune mam Ministère de l'Éducation, Ministère de la Famille, dat ass net fir haut a fir muer, an de Projet gëtt och net esou grouss wéi geplangt, maximal 20 Kanner kommen op dee Site. Ob dat en Internat gëtt oder e Foyer ass nach net kloer, mä d'Pläng sinn an der Ausaarbechtung, virun 2017 komme keng Kanner vum Pro Familia zousätzlech an eis Schoul, mä wat trotzdem de soziale Brennpunkt vum Strutzbierg net wäert erliichtere well et ass net nëmme Pro Familia, mee och nach aner staatlech Kannerheemer déi hir Kanner dohinner schécken, am Zentrum kommen 100 Wunnenge wou mär och net wëssen, wéivill Kanner dobäi sinn, a wéi an der ganzer Populatioun wäerten net nëmmen déi liichten Kanner dobäi sinn, also ech fannen et traureg dass eng motivéiert Demande fir Éducateure fir de Strutzbierg vum Ministère einfach ewech gewëscht gëtt an ech fannen dass mär do op de Wee gi wou net op d'Leit vum Terrain gelauschtert gëtt, an dass dat eng Politik ass déi iwwert den Käpp vun de Bierger ewech gemaach gëtt an dat gefält mär absolut net.

Zu Lenkeschléi hat ech och schonns gefrot wéi et wär mam Planning vun der neier Schoul an d'Créatioun vum Aarbechtsgrupp, ech hunn dat och héieren dass do soll en Team gebilt gi wat e bëssen déi Schoulplanung mat begleet, net dass et erëm esou geet dass d'Schoul steet an dono hu mär Besoinen déi mär net abruecht hunn, an och hei mäi waarmen Appel, och eng Maison-relais-Struktur fir d'Précoce-Kanner anzebannen, a mär haten och an déi Richtung ugeduecht.

Um Deich do ass et schuet, dass fir de Plan de réussite scolaire keng zousätzlech Stonnen zougestane goufen, well excellent Projeten um Deich lafen, ech fannen et och wonnerbar, dass d'Saarland eiser Diddelenger Schoul e Schoulmeeschter zur Verfügung stellt, fir dass d'Kanner gehollef kréien duerch en Native speaker wéi se dat nennen ze leieren.

Saarland an Uni.lu fannen de Projet ënnerstëtzenswäert, an de Ministère hätt kënnen e Geste maache fir déi ganz Projete vun der Deicher Schoul mat e puer zousätzleche Stonnen ze récompenséieren, ech mengen eng Foto maache mam Minister ass eng Saach, mä wat mir brauche si Stonnen.

Ech hunn et witzeg fonnt, dass de Ministère ugekënnegt huet an enger Pressekonferenz, dass mär op de Wee gi vun de Pilot Secondaire Schoulen, déi mat Tablets ausgeriicht ginn, an dass den Deich dat schonns laang huet. Datt dat net mol erwänt gouf, dat hunn ech e bëssen traureg fonnt, an et ginn och privat Lycéeën, déi zënter véier Joer Mathematik zum Beispill nëmme mat Tablets maachen.

Hei am Land.

Um Deich schaffe mär wéi gesot schonns ganz laang mat deem Outil an dat ass Zukunft, do muss een och soen dank der Dynamik an der Energie vun eise Schoulmeeschteren zesumme mam EducDesign, an Uni.lu. Bravo fir dee Projet.

Ech wollt awer och nach eng Remarque maachen zu der Madame Kutten hirer Interventioun, wéi si gesot huet, den Deich hält anescht Schoul, e geet op de Wee vum Team teaching, léisst sech begleede vun Uni.lu. Ech denken, mir als Gemeng, et ass net eis Aarbecht, fir de Schoulen ze imposéiere wéi se solle Schoul halen, si hu Journée-pédagogiquen, och eis Diddelenger Schoulen, do ass dat all Joer de Fall, dass si sech och austauschen, et kann een näischt esou Wichteges wéi am Team schaffe vun uewen occupéieren, mär wësse jo och wann nei Schoulmeeschteren affektéiert ginn, déi gi bal wéi an en Entretien dohinner, déi gi vum Schoulpresident, vum Comité invitéiert an da kann de Schoulmeeschter décidéieren, dass en an deeër Optik wëll Schoul halen an ech denken, dat muss vun ënnen





erop kommen, dat muss vun de Schoulmeeschtere selwer décidéiert ginn. All Schoul huet hir Nues an ech fannen, dat soll een och esou si loossen, an déi Diddelenger Schoulmeeschtere maachen eng excellent Aarbecht, an ech fannen et ass wichteg dass de Projet klappt, dass déi Zesummenaarbecht klappt, dass jidderee sech do erëm fënnt.

Da wollt ech e puer Remarquen zu der Équipe multidisciplinaire maachen: mär hunn am Moment zwee Éducateur-graduéen, zwee Orthophonisten, eng fräigestallt Psychomotricienne, eng fräigestallt Léierin als Sozialpädagogin fir sechs Schoulen. Laut der Équipe multiprofessionelle hate se eis erzielt an der Schoulkommissioun bräicht Diddeleng reell gesi fënnef Sozialpedagogen, awer beim Ministère ass Astellungsstopp, dat ass e Beweis, wéi ech virdru gesot hunn, dass am Fong oft d'Politik laanscht d'Besoinë vun der Populatioun gemaach gëtt, wat mär net ganz gutt fannen, mä och eis Gemengeresponsabel musse sech bei der Nues huele well en Orthophonist hat eis Gemeng virun der Reform agestallt, deen Orthophonist gouf no der Reform vum Ministère iwwerholl. Hätten eis LSAP-Gemengeresponsabel, esou wéi d'CSV et och proposéiert hat, och e Psychomotoriker agestallt, da wier deen och iwwerholl ginn, da kéinte mär elo eis Kanner e besseren Appui ubidden, aner Gemenge wéi Monnerech haten zwee Éducateuren agestallt, a goufen duerno vum Ministère iwwerholl, a bei eis gouf d'Demande elo refuséiert.

Et kann een ëmmer soen, Pech domm gaangen, mä wie verbitt eis et als Gemeng zum Beispill e Posten ze kreéieren, wou mär ëmmer froen a quoi bon, mä firwat dierfe mär net e Psychomotoriker oder e Sozialpädagog astellen an dat wier e Poste wou all Mënsch unanime d'accord wier, de Besoin ass eendeiteg jo do.

Da kommen ech zu de Schwammcoursen, ech kann do d'Euphorie vum Buergermeeschter leider net deelen, dass dat elo wonnerbar a schéin ass, dass eis Kanner op Diddeleng schwamme komme well d'Betebuerger Schwemm déi mécht zou am Hierscht, a vu dass eis Kanner ëmmer op Beetebuerg gaange sinn, musse mär eis Schwemm och opmaachen net nëmme fir d'Betebuerger mä och fir d'Leidelenger Kanner, wéi soll den Hartmann dat da packen?

Da besteet keng Méiglechkeet fir e Couloir fir de Public an der Schwemm ze reservéieren, wat net an der Rei ass, a wéi packe mär all déi Kanner déi dann erëm kommen, mär hunn esouvill Schouljoergäng, déi hei zu Diddeleng guer net méi schwamme gaange sinn, do huet et geheescht, wann den Hartmann opgeet, dierfen erëm all Joergäng goen, mä dat ass guer net méi méiglech.

Oder ginn déi auswärteg Kanner op de Strutzbierg, wéi ass et mat där klenger Schwemm Strutzbierg, packt déi et nach oder musse mär do och mol iwwerleeën dass mär an d'Richtung vun engem Neibau ginn?

Dann och nach eng Fro, wat maachen d'Netschwëmmer, Kanner déi net schwamme kënnen am grousse Baseng vun der oppener Schwämm, ech hat déi Fro déi lescht Kéier schonns gestallt, si maachen en Alternativprogramm, wat ass en Alternativprogramm an enger Schwemm wou keng Rutschbahn, keng Wiss a keen näischt ass?

Dann nach eng Fro zu de Schwammmeeschteren, mär hunn eis Schwammmeeschteren elo déi ganzen Zäit op Beetebuerg geléint, déi komme jo elo zeréck, an déi Beetebuerger kommen och nach mat zeréck, dann ass meng Fro, mussen d'Enseignanten dann awer d'Schwammen halen, wat maachen dann eis Schwammmeeschteren de ganzen Dag?

Ech fannen et wichteg, dass d'Schwamme vu Schwammmeeschteren ënnerriicht gëtt, do leeft och eng Petitioun, national iwwert d'Chamber mat der Demande, dass just brevetéiert Schwammmeeschteren esou Course sollen halen, dat ass absolut sënnvoll, a wat maache mär soss mat eise Schwammmeeschteren?

Da kommen ech zum Plan périscolaire, ech hu schonns erwänt, d'Zesummenaarbecht tëschent de Schoulen an de Maison-relaisen zu Diddeleng ass gutt an onbürokratesch, a mir kënne glécklech sinn, dass et esou ass.

D'Hausaufgabenhëllef gëtt zesummegeluecht mat der Hausaufgabebegleedung - esou heescht dat an der Maison-relais. Dass dat koordinéiert gëtt fanne mer ganz gutt. Dass eng besser Ausnotzung vun alle Raimlechkeeten op engem Site sënnvoll ass, dorop huet d'CSV schonns widderhuelt higewisen, an eis Propose war ëmmer, dass an d'Maison-relais och sollt eng kommunal Crèche kommen. Well d'Gebai moies jo och schonns muss gehëtzt gi wann d'Kanner vun 8-12 an



der Schoul sinn, da wär d'Gebai net ongenotzt, an ech denken dass mär op länger Siicht och mussen op de Wee goen, dass mär net ëmmer kënnen eng Schoul fir eng Schoul an eng Maison-relais fir eng Maison-relais affektéieren, an och villäicht Crèchen idem, dass dat och muss en Zesummespill ginn, dass do en Ëmdenken néideg ass. Dass dat muss lues a lues geschéien ass kloer. Mä wann ee kuckt wéi d'Maison-relais Précoce Lenkeschléi oder Strutzbierg et weist, ass dat gutt méiglech, eng Kohabitatioun ass méiglech, an dat wäert och kommen.

D'Ureegung war jo dass d'Veräiner sollen d'Kanner an d'Maison-relaisë siche kommen, mär wëssen den F91 mécht dat, mä wann ech déi aner Veräiner kucken, déi hunn och net esouvill Moyenen, éischtens emol net esouvill Bénévoler, déi dat kënnen assuréieren oder e Bus. D'CSV huet do am Fong mat enger anerer Optik d'Propose gemaach fir e Call-a-Bus zu Diddeleng ze kreéieren, d'Iddi war fir eeler Leit, dass déi d'Méiglechkeet hu fir sech vun A no B ze bewegen, mä et ginn aner Gemengen, ewéi Nidderanven, déi hunn e Call-a-Bus, deen heescht Charlie. An den Charlie ass e Moyen dee genotzt gëtt vun de Kanner, déi ruffen de Call-a-Bus, deen hëlt se bei der Dier ewech a féiert se wou se hi mussen.

Wann dir sot, de Schoulbus féiert d'Kanner an d'Museksschoul, mä et huet jo awer och net all Kand aus enger Maison-relais mateneen Musekscours.

Ech denken dass de Call-a-Bus eng flott Alternativ wier.

Da kommen ech zu engem Punkt, deen hei och nach erwänt gouf, 65,9% vun eise Schoulkanner besichen de Reliounsunterrecht, dat ass jo deemnächst eriwwer. Dass d'CSV bedauert, dass souwuel dës 65,9% wéi och déi 34,1% déi den Cours de Moral besiche keen Choix méi hunn ass gewosst, mee eis Regierung weess jo wéi d'Vollek tickt, si mengen dass een absolute Wäerteunterrecht fir d'Vollek besser wäert sinn, vill Spaass beim Ausschaffe vun den Modalitéite vun dem Enseignant senger Tâche. Vill Spaass beim Ausschaffe vum Programm. Deen eenzege Virdeel, dee mär als Gemeng hunn dat ass déi Säll déi fräi ginn, well mär brauchen net méi e Reliounssall an ee Moralssall zur Verfügung ze stellen.

Och krute mär hei offiziell matgedeelt, dass de Pilgerdag ofgeschaaft gëtt. Dann ass déi nächst Fro wou d'Leit sech stellen: Wéi ass et mat Kleeserchersdag? Ouschterméinden, Christi-Himmelfahrt, Maria Himmelfahrt, Chrëschtdag, Allerhellgen, Päischtméindeg, Kommuniounsméindeg a virun allem de Kleeserchersdag wäerte jo dann d'nächst Joer ofgeschaaft ginn, a mär als Gemeng mussen dann och méi déif an d'Täsch gräife well mär och déi Deeg dann erëm d'Maison-relais ophalen, iwwerhaapt froen ech mech wéi dat elo geet mat Kanner aus anere Glawensgemeinschaften, well et heescht jo elo wann zum Beispill e Kand wëll um Pilgerdag deelhuelen, da geet et duer wann d'Elteren eng Demande beim Schoulmeeschter maachen, wéi si mir bis elo sollicitéiert ginn, zum Beispill Kanner aus jiddesche Communautéiten oder aus islamesche Communautéiten, fir fräi ze kréie fir hir Feierdeeg, ech weess dass dat an den Lycéeën eng grouss Diskussioun ass, an ech wollt mol froen, wann Leit wierklech gleeweg sinn, an hire Glawe wëllen ausliewen, gëtt dat eng Problematik, well den een Dag geet jo net duer wann s de wëlls pilgeren, an Kommuniounsdag wëlls feieren, dofir meng Fro, op dat vum Ministère ugeduecht ass, a wéi eng Richtung mär do solle goen, wéi gesot dat sinn e puer Inconnuen op deem Punkt, mee do brauche mär eis net zevill den Kapp ze zerbrieche well do kréie mär jo vum Ministère gesot wat mär maachen.

Mäi Resumé, d'CSV fënnt d'Schoulorganisatioun excellent, mir si begeeschtert vum Asaz an der Zesummenaarbecht vun den Enseignanten, mär hunn awer e puer Proposen: éischtens méi e groussen Effort fir d'Précoce-Kanner an d'Kantin op all de Siten eranzeloossen, zweetens brauche mir nach eng oder zwou Maison-relais-Précoce-Strukturen, drëttens Butschebuerg proposéieren ech de Kontakt opzehuele mam Camping Caravaning Club a mam Interesseveräi fir eng Méiglechkeet ze kréien, e Sall ze liberéieren, véiertens eng Méiglechkeet auszeschaffe fir d'SIS ënnerzebréngen, ouni de Strutzbierg ze hënneren, komm mir ënnerstëtzen d'Équipe multiprofessionelle andeems mär e sënnvolle Poste schafe fir Éducateuren, Psychomotricienen oder Sozialpedagogen a mir suergen dofir dass eis Kanner zu Diddeleng vun eise Schwammmeeschtere schwamme leieren a komm mir schafen en Call-a-Bus fir eise Kanner d'Méiglechkeet ze ginn hir Aktivitéiten auszeüben, an déi Proposë vun der CSV sinn all Joer déi selwecht, mä mär fanne se gutt an dofir soe mär se och all Joer. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren an am Numm vun der CSV all eisen Enseignanten, all eise Maison-relaisë villmools Merci fir hir Aarbecht um Terrain, eis Ënnerstëtzung hu se.



MARC SCHIFFMANN (ADR): Also, no der Madame Kayser eppes iwwert d'Schoulorganisatioun ze soen ass schwéier, well 99% vun deem wat ze soen ass, ass gesot, mä ech muss soen dass d'Schoulorganisatioun am Allgemenge gutt ass, an deene Leit um Terrain déi do schaffen, e grousse Merci och vun eiser Säit aus.

Déi eenzeg Saach déi ech skeptesch gesinn, ass déi Saach mam schwammen, wou Beetebuerg an Leideleng bäikënnt, a sech d'Fro stellt, wéi dat Ganzt bewältegt kréien.

Bei där ganzer Geschicht wäert de Public bausse vir bleiwen an dat ass an enger Stad vun 20 000 Awunner wierklech lamentabel.

Déi aner Saach dass elo d'Schoulmeeschtere solle Schwammunterrecht ginn, wou och eng Petitioun leeft, dat fannen ech wierklech ganz schlëmm, mä wat d'Schwammmeeschteren ugeet, déi bleiwen do, déi si fir d'Sécherheet responsabel, mä ech hunn och net oft vun engem Electriker d'Hoer geschnidde kritt wann ech bei den Coiffeur ginn.

Dat waren déi eenzeg Punkten zu deenen ech mech wollt äusseren, fir de Rescht awer wäerte mär dat och stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Schiffmann, nach weider Stellungnahmen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech dem Responsabel fir de Schoulservice, dem Erni Ferrari d'Wuert gi fir op e puer Punkte anzegoen.

ERNI FERRARI (RESPONSABEL VUM SCHOULSERVICE): Ech probéieren op déi Froen ze äntweren déi gestallt goufen. Fänke mer mam Kontingent un, do war déi Fro opkomm mam Indice social économique, deen ass virun zwee Joer ugepasst ginn, also ufanks huet den Ministère festgestallt, dass mär 180 Stonnen zevill un Enseignanten hunn, den Index ass virun zwee Joer ugepasst ginn, sou dass mär nëmmen nach mussen 16 Stonnen ofbauen, wéini déi nächst Upassung kënnt weess ech net.

Do war dann och am Précoce, dat stëmmt dass mär 27 manner Demandë kruten, et muss een awer präziséieren dass déi Zuel vun den Leit déi ugeschriwwe goufen, och erof gaangen ass vun 220 op 200, also mär leien awer an der Moyenne bei deem wat mär déi Joere virdun haten.

Op mär solle weider esou Klasse maachen, et kéint een eng Ëmfro bei de Leit maachen, ob dat wierklech gefrot ass.

D'lescht Joer hate mer nëmme 24 Demandë fir déi 32 Plazen déi mär zur Verfügung haten, dëst Joer ware mär e Mount éischter u fir d'Fichen eraus ze schécken, mär hunn elo effektiv 37 Demanden, 5 méi wéi mär Plazen hunn, dozou muss ee soen, déi 5 déi lo op der Liste d'attente sinn, sinn A Leit aus anere Gemengen a B sinn der zwee do déi hunn hir Dossieren net komplett.

Elo déi aner Fro, déi Kanner déi am Laf vum Joer bäikommen ass et sou, dass mär déi Leit unhuelen am Laf vum Joer, déi heihinner plënneren, mee et ass net sou dass wann d'Kanner 3 Joer am Laf vum Joer kréien, do maache mär et wéi déi meescht an huele se net un.

Wat elo dat gielt Gebai betrefft wou d'SIS dran ass, do war et sou dass ëmmer aner Strukturen dra waren, et waren ni Klassen dran, de Strutzbierg hat och schonns gefrot fir déi Säll ze kréien, fir am B Gebai, eiser aler Museksschoul bësse méi Spillraum ze hu mat den Klassen.

Dass dat net geklappt huet, huet domadder ze dinn dass d'SIS op der Beetebuergerstrooss keng Platz hat, déi wären eventuell fort gezu vun Diddeleng, an dat hätt Zesummenaarbecht erschwéiert sou gouf kuerzfristeg décidéiert fir d'Raimlechkeete ze huelen a fir zu Diddeleng ze behalen.

Bon et muss ee kucke wéi dat ka weider goen.

Eng weider Fro war mat der Schwämm, bon mär si bis elo op Beetebuerg schwamme gaange mat eise Cycle 3 Klassen, mir hunn elo gekuckt mam Service des sports, wat méiglech ass fir all eis Klassen ënner ze kréien, dass Klassen alleguerte kënne schwamme goen esouguer dass eis Cycle 1 Klasse méi oft schwamme gi wéi dat an der Vergaangenheet war.

Dat wat iwwereg bliwwen ass kréien d'Leidelenger an d'Betebuerger Klassen zur Verfügung gestallt.

Wat d'Diskussioun mat de Schwammmeeschtere betrëfft, et war an der Vergaangenheet ëmmer



sou dass eis Enseignanten ëmmer agesat hu fir Schwammen ze halen, déi dann déi noutwenneg Formatioune gemaach hu fir dat gutt kennen ze maachen, a mär hunn ni zousätzlech Schwammmeeschtere gebraucht fir de Kanner d'Schwamme bäizebréngen, dat heescht si hunn déi Tâche erfëllt, déi virgesinn ass fir d'Surveillance ze assuréieren.

An eiser Schwemm um Strutzbierg ass et jo sou wann de Cycle inférieur schwamme geet, kann den Enseignant d'Kanner begleeden an dass e Schwammmeeschter do ass, den d'Coursen iwwerholl huet, dat war an der Zäit de Lucky deen net méi do ass.

Wat déi Fro mat de reliéisen Deeg ugeet, ass et esou dass de Pilgerdag d'nächst Joer ofgeschaaft gëtt, op Demande vun den Eltere kënnen d'Kanner natierlech fräigestallt ginn, dat selwecht gëllt fir déi aner reliéis Fester, d'Enseignantë sollen d'Kanner fräistellen dee Moment wou se hire Feierdag hunn.

Dann, ass et sou, déi Fro mat de Busser, eis Kanner gi mat de Buser transportéiert mär hunn ëmmer eng Begleetpersoun dobäi well den Enseignant net ëmmer kann am Bus sinn, an déi Persoune kennen d'Kanner da bis an d'Schwemm zum Beispill begleeden, an déi Zäit Surveillance halen, mär hu mol déi Méiglechkeet virgesinn, dass dat méiglech ass, de Bus kennt op d'Gemengeplaz an d'Géigend zeréck, a si hunn hei e Sall wou si sech kënnen ophale fir déi Zäit ze iwwerbrécken.

Domat hätt ech fir mäin Deel all d'Froe beäntwert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Erni Ferrari, fir déi Explicatiounen.

Ech géif da probéieren, ofschléissend op e puer Punkten anzegoen. D'Diskussioun ronderëm d'Ausriichtung vu der Diddelenger Schoulpolitik, mär sinn eis eens, wat hei kloer eriwwer komm ass, dat ass dass mär d'Wuel vum Kand an de Virdergrond setzen, an am Kader vun der Schoulpolitik d'Léierpersonal déi Efforte gëtt déi néideg sinn.

Fir elo opzegräifen, d'Iddi vun der Journée pédagogique, oder am Kader vun der Presentatioun vum Bildungsbericht, ech menge wat grad wichteg ass niewent de Constaten déi um Terrain gemaach ginn iwwert de Bildungsbericht ënnert anerem.

Et ass am Fong elo wichteg, déi Recherchen déi gemaach gi sinn an d'Formation initiale vun de Schoulmeeschtere wéi och an d'Formation continue afléissen ze loosen. Et bréngt näischt, wëssenschaftlech Étuden ze maachen ouni dass déi Acteuren déi Instrumenter notzen.

Dat ass mol den éischte Volet deen niewent enger Presentatioun déi eng national Ausriichtung huet, an ech mengen dass et wäert an déi Richtung goen, an déi Offer dass een och eng Kéier an der Schoulkommissioun wann ee weess, dass Léierschwieregkeete bei Kanner bestinn, fir ze kucke wéi een do ka verbesseren, och am Kader vun den Allongementer, wann ee weess wéivill Prozentsätz an den Enseignement secondaire a secondaire technique vermëttelt ginn ech mengen, dass am Kader vum Enseignement fondamental eng Rëtsch Initiativë kënne geholl ginn.

Par Rapport zu der Ausféierungsapproche Maison-relais-Précoce mengen ech, dass mär dat als Gemeng gutt gemaach hu wou et méiglech war, Lenkeschléi, Neiplanung, Strutzbierg wou mär e neit Gebai geplangt hunn a mär féieren dat weider, bei Neiplanung ass et absolut wichteg ëmzesetzen, et ass keen neie Moment wann ech dat soen.

Wann hei d'Demande ass vun der CSV, esouvill ewéi méiglech Précoce a Maison-relaisen unzebidden, ech mengen d'Realitéit ass dass déi 2 Elterendeeler schaffen, et soll een awer net op de Wee goen an den Elteren all hir Responsabilitéit ewech huelen, et soll een och deem Rechnung droen.

Wat d'Gaffelt ubetrëfft, do si mär esou am Timing, dass an den nächsten dräi bis véier Méint d'Soumissioun ka lancéiert ginn dass mir do deem Entspriechend och ukomme fir dat dann an Ugrëff ze huelen, wa mär wëssen dass do e gewëssenen Drock ass, virdrun awer hei duergestallt gi wéi wa mat allen Mériten déi d'Schoul Deich huet, dass deen net zur Geltung kennt, ech mengen dass déi Pressekonferenz war vum Minister, d'Schoul Deich war do invitéiert, déi war do Present, an do ass de Stellewäert vun der Deicher Schoul ganz kloer zur Geltung komm.

Virdrun ass gesot ginn Art à l'école, do brauche mär net opgefuerdert ginn eng Initiativ ze huelen, déi hu mär schonns laang geholl.





Mär woussten, dass zu Butschebuerg eng nei Klass géif bäikommen, dunn hu mär gekuckt ob an der Schoul selwer d'Méiglechkeet besteet an engem Raum Art à l'école ofzehalen du si mär mat eisem Service kucke gaangen an dee Raum, deen ugeschwat ginn ass, deen ass net gemaach fir sou eppes ofzehalen. Par contre ass dee Raum am Brill konform, dat ass e Sall wou d'Kanner hiert Material loossen, fir normal Sitzunge kann dee Sall zu Butschebuerg genotzt ginn, fir awer déi Frequenz am Kader vun Art à l'école ass dat net méiglech, an dunn hu mär ugekënnegt ass d'Schoul Brill eng Méiglechkeet wier fir den Art à l'école ofzehalen. Nach wëll ech der CSV soen, et geet net nëmmen duer Infrastrukturen ze hunn, et muss een och Enseignanten hunn, an déi Enseignanten déi mär den Moment hunn niewent der Artistin déi bereet ass den Art à l'ecole ze halen huet eis matgedeelt, dass se net méi weiderfiert. Wann een en Appel un d'Enseignantë mécht an d'Réckmeldung ass sou gutt wéi guer keng, kënne mär nach sou e schéint Lokal hu wéi mär wëllen, mee den Art à l'école kann dann awer net weider gemaach ginn.

Et ass hei och gesot gi mat Beetebuerg an Leideleng, mär hu kee Problem an déi Cohabitatioun eran ze goen, mär ware jo frou dass Beetebuerg eis geholl huet, mär missten och Ofstrécher maachen, dës Kéier ass et dann ëmgedréint.

Par rapport zu der Alternativ Nidderanwen muss ee soen, dass een Diddeleng an Nidderanwen net ka vergläichen, well engersäits, wa mer kucke wéivill Sportsveräiner mär hunn, wa mär dat wëllen ëmsetzen, hëlleft eis den Call-a-Bus net vill.

Wat Petitioun ubelaangt, mär hunn hei e gesetzleche Kader iwwert dee kënne mär eis net ewech setzen, mär kënnen eis iwwert guer kee gesetzleche Kader ewech setzen, nach kënnen d'Acteuren um Terrain eng Zesummenaarbecht ustriewen déi einwandfrei iwwert d'Bühn leeft, an dat kann an deem Ausmooss awer och nach esou wieder goen.

Also d'Strutzbierger Schwemm do hu mär eis d'Fro gestallt par rapport zu der Ausriichtung, dat kann ech hei soen, engersäits Strutzbierg an engersäits Lenkeschléi, mär sote jo dass Lenkeschléi soll eng Schoul si mat eng enger Schwemm Gymnase, respektiv hu mär och Strutzbierg, iwwer déi lescht Joeren hu mär vill an de Strutzbierg investéiert, mär mussen eis d'Fro stellen, investéiere mär wieder an d'Schwemm oder gi mär an eng Neiplanung, mat neier Schwämm, oder loosse mär de Strutzbierg falen?

Et ass déi Géigeniwwerstellung, iergendwa komme mär op de Punkt wou et kee Wäert huet wieder ze investéieren.

Et ass dat wat sech auszeechent an der Schoulpolitik, wat déi zwee Sitë betrëfft.

Dat zu deene verschiddene Präzisiounen. Merci fir d'Diskussioun an ech géif dann nach dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): D'Museksschoul war e puer Mol ugeklongen hei, respektiv de Projet mat eise Responsabelen, dem Mady an dem Romain Zuang, de Projet heescht Musek fir all Kand an dat soll esou sinn, dass dat en Horaire ass, dee perfekt adaptéiert ass an der Museksschoul fir dass d'Kanner dovunner kënnen dënschdes an donneschdes profitéieren.

All kéiers géif de Cours um 15:45 ugoen, dënschdes fir de Ribeschpont, Butschebuerg an d'Gaffelt, donneschdes fir d'Waldschoul, d'Schwemm, Strutzbierg an den Deich, an déi Kanner gi mat eisem Schoulbus dohinner gefouert.

An d'Kanner kënnen dann e Cours Musical an de Solfège préparatoire maachen, a Fonction musicale Solfège 1. an 2. Joer an déi Coursë fänken alleguerte gläich un um 16:15, dat ass fir d'Schouljoer 2015-2016 respektiv d'Joër drop an d'Coursë wiere fäerdeg um 17:40 an um 18:10 an d'Eltere géifen d'Kanner dann dohinner siche goen.

Mär hunn eng regional Museksschoul, am Moment bidde mär dat dote just emol fir déi Diddelenger, wann de Projet sech bewährt kann ee sech mat deenen anere Gemengen a Verbindung setze fir en auszebauen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech fannen dat eng ganz flott Iddi, och flott Synergien, mä meng Fro, 17:40 ass de Cours eriwwer, wat maachen dann déi Kanner wann d'Elteren net fäerdeg si mat schaffen? Féiert de Bus déi dann zeréck?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP-SCHÄFFIN): Dat ass jo dat wat ech grad sot, vir d'éischt muss gekuckt ginn op dat fir d'Eltere geet, mär kennen net à la carte ubidden.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Claudia, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vote iwwer ginn, fir dass déi provisoresch Schoul-organisatioun eng definitiv gëtt.

Wien ass mat der Schoulorganisatioun averstanen? Dat ass unanime.

Ufank vum Huis clos

**3. Genehmegung vun de Virschléi zur Reaffektatioun vu Léierinnen a Schoulmeeschteren op der éischter Lëscht – Cycle 1**

**4. Genehmegung vun de Virschléi zur Reaffektatioun vu Léierinnen a Schoulmeeschteren op der éischter Lëscht – Cyclen 2 bis 4**

## 5. GEMENGEPERSONAL

**1. Ratifikatioun vun zwee Aarbechtsverträg an der Carrière vum Aide-éducateur**

**2. Astelle fir eng onbegrenzt Dauer vun Aide-éducateurë mam Statut vum Gemengenemployé**

**3. Pensionéiere vun engem Gemengebeamten an der Carrière vum Redakter**

**4. Pensionéiere vun enger Chargée de cours mam Statut vun der Gemengenemployée**

Enn vum Huis clos



## 6. ANDROE VUN ENGEM BESCHLOSS AM BEZUCH OP D'TRANSATLANTESCH HANDELS- UND INVESTI-TIOUNSPARTNERSCHAFT (TTIP), AN ANER OFKOMMES.

DAN BIANCALANA – (BUERGERMEESCHTER LSAP): Elo géife mer op de sechste Punkt iwwergoe vun eisem Ordre de jour an nodeems mer jo am leschte Gemengerot d'Decisioun gemeinsam getraff hu fir déi Resolutioun vun Déi Lénk iwwer TTIP géife vertagen. Elo ass eng Resolutioun erakomm, déi liicht geännert huet par rapport zu der initialer. Ech géif dann elo dem Nathalie Haas d'Wuert gi fir op d'Resolutioun anzegoen.

NATHALIE HAAS (DÉI LÉNK): Ech soen e puer Wierder dozou a mech kuerz ze faassen. Wat dat ass, wéini dat ugefangen huet a wéi d'Ëmstänn am Ufank waren an elo sinn, all déi Saache brauch ech net ze widderhuelen.

Dorunner, datt dat Thema am Europaparlament erëm vertagt ginn ass, mierke mer, datt mer eis um europäeschen Niveau zimlech oneens sinn. Wéi mer un déi ganz Saach iwwer den TTIP eru ginn, deementspriechend fannen ech et ëmsou méi wichteg, datt mir als Diddelenger Gemeng eng Stellungnahm sollen a mussen huele fir ze weisen, dass mir eis als Gemeng dofir intresséieren, wat genau an deem TTIP drasteet a wéi mir eis deem géigeniwwer positionéieren.

Aus menger Motioun kënnt der gesinn, datt ech mech op véier Punkte beschränken, déi deen Ament ganz konkret d'Gemeng géingen ugoen.

Ganz wichteg ass virun allem den ëffentlechen Déngschtleeschtungssecteur, wou mir definitiv d'Angscht hunn, datt, wann eppes wéi den TTIP duerchkënnt, de Wettbewerbsvertrag komplett nei opgerullt gëtt. Wat geschitt domadder? De Problem ass ganz einfach d'Schiidsgeriichter. Esoubal mir soen, mir maache méi eng grouss a breet gefächert Wettbewerbfäegkeet fir och internationale Konzerner d'Chance ze ginn, hei zu Diddeleng ënner anerem am Bausecteur kënne mat ze agéieren, hu mir automatesch e Problem, wann zum Beispill en US-amerikanesche Konzern eis Oplagen, déi mir eis als Gemeng Diddeleng, spréch als Land Lëtzebuerg oder als EU opgesat hunn, déi net als fir si selwer konform unerkennen, si kënnen dat Recht vun de Schiidsgeriichter anzéien. Dat ass e Problem, deen hu mer a ganz ville Pazifikatiounspäck, virun allem a CETA an do muss een umierken, fir d'Intransparenz vun TTIP nach eng Kéier ervirzehiewen, alleng duerch de CETA ass iwwerhaapt erauskomm, datt et esou eppes wéi Schiidsgeriichter och am TTIP gëtt, dat war vun TTIP ganz geschéckt ënnert den Dësch gekiert ginn.

Ech fannen et och ganz wichteg, dass mer bezüglech vum TTIP och oppassen, wat mat eise klengen Entreprisen hei zu Diddeleng geschitt. D'Angscht besteet an déi ass och ganz kloer berechtegt datt kleng a mëttelstänneg Entreprisen deen Ament ënnergebottert ginn, wuertwiertlech well grouss Konzerner sech hei wëlle breet ausfächeren an och, ebe bedingt duerch d'Schiidsgeriichter, Ratchetklauselen a Stillstandklauselen och berechtegt sinn, hir Konzerner hei opzemaachen. Dowéinst fannen ech et extrem wichteg, dass mir als Gemeng Diddeleng eis wierklech fir déi kleng Entreprisen asëtzen an déi mat alle Moossname schützen.



Wéi elo virdru schonns ugedeit hat ech dat Wuert Ratchetklausel a Stëllstandklausel, dat ass e Punkt wou mir als Déi Lénk Privatiséierung si vum Déngschtleeschtungssecteur.

De Problem, dee mär beim TTIP, Ceta oder dem TISA virfannen, ass dat déi schrëftlech agebonne sinn. Dat heescht, d'Ratchetklausel seet näischt anescht wéi dat alles, wat eemol privatiséiert ginn ass, net méi rekommunaliséiert ka ginn. Ech fannen, datt mär dat als Gemeng net dierfen zouloosse well dat och an eis Autonomie agräift an ech fannen et extrem wichteg, datt mir als Gemeng Diddeleng déi Organisatiounshoheit, déi Autonomie kënne weiderhi behalen.

Elo kuerz meng Fuerderungen, déi ech eben opgestallt hunn. Dat ass, datt d'Gemeng Diddeleng dës Verhandlungen, wou iwwer den TTIP an och iwwer de CETA geet gefouert ginn, ganz kritesch betruechte muss.

Mir verlaangen och, datt d'Regierung opgefuerdert soll ginn, mat Hëllef vun der Gemeng Diddeleng, sämtlech Verhandlungsdebatte veröffentlecht ginn an net ëmmer esou sporadesch, wéi mer et virfannen. Et sinn Texter veröffentlecht mä et ass ëmmer nëmmen e Soupçon dovunner a ganz vill Texter, wann ee sech mat de Säite beschäftegt, déi een ënner dem EU-Websäit fënnt, sinn op eng Kéier verschwonnen.

Dat hu mer elo an deem leschte Joer ganz oft virfonnt, dat Studie gemaach gi sinn, déi sinn op eng Kéier verschwonnen. D'Texter sollen ëffentlech bleiwen a mussen ëffentlech gestallt ginn.

Dann ass et eis wichteg, datt d'Bierger och doriwwer informéiert gi wat iwwerhaapt domat geschitt. Mir hunn d'Chance datt et ënner anerem elo e gutt Stéck méi ëffentlech gemaach ginn ass, wéi mer et d'lescht Joer oder virun allem am Joer 2013 hate wéi dat iwwerhaapt emol eréischt opkomm ass.

Ech fannen, datt mer einfach als Gemeng Diddeleng och dofir musse suergen, datt d'Bierger zu Diddeleng doriwwer informéiert gi well mer hu ganz vill Entrepreneuren, déi deen Ament dovunner betraff sinn an et ass een hinnen als Gemeng och schëlleg.

Ganz wichteg ass et virun allem, eng Fuerderung vun eis, datt sämtlech Reduzéierunge vu Standarden, sprëch Aarbechtsstandarden, Sozialstandarden, Ëmweltstandarden, déi reduzéiert ginn, mir wierklech direkt oflehnen. Mir kënnen net zouloossen, dass duerch de Pazifikatiounspakt wei mer e beim TTIP virfannen, esou krass an eis Gesetzer och gegraff gëtt datt mer wierklech a Betracht zéien, sozial Gesetzer e bësse méi labber ze gestalten, dat kënne mer einfach net veräntwerten an ech fannen, datt do d'Gemeng Diddeleng och e Statement soll sëtzen, datt mir déi Standarden egal wéi wëlle bäibehalen. Wéi ech virdru scho gesot hunn, keng Privatiséierung, a scho guer net bedingt duerch esou eng Endgültegkeetsklausel, d'Ratchetklausel, an och do soll d'Gemeng Diddeleng sech kritesch deem géigeniwwer stellen a soen, dat wëlle mir hei net, mir wëlle keng Endgültegkeetsklauselen, déi eis net erlabe Saachen ze rekommunaliséieren.

An ech sinn dofir, datt Diddeleng domadder och dann deen Ament de Beweis erbréngt datt eng Solidarwirtschaft wesentlech méi bréngt wéi eng Wirtschaft, déi mat purem Lobbyismus gefouert gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir wëssen, dass d'TTIP-Fräihandelsofkommen e ganz schlechte Start hat tëschent Amerika an der Europäescher Unioun an dass mer hei un engem Iwwergank sinn tëschent enger aler an der neier Handelswelt mat enger ganzer Rei Enjeuxen, déi jo Dag an Dag aus an der Press stinn. Mir sinn tëschent enger transnationaler Produktioun an enger globaler Zouliwwerungsketten an och natierlech protektionistesch Moossnamen, déi ee sech wëll ginn an natierlech engersäits tëschent dem Wirtschaftsgewënn an dem Sozialgewënn an och sozial Gerechtegkeet. Wann een déi zwee Extremer all Kéier kuckt, sinn dat d'Enjeuxen, déi sech géigeniwwer stellen an et ginn natierlech och do an deem Kontext Standarden, déi net verhandelbar sinn an eng Rëtsch Acquisen, déi mussen oprecht erhale ginn. Ech muss dozou awer och hei soen, dass déi Diskussioune ronderëm den TTIP reng kommunal gesinn net eng Kompetenz vun der Gemeng sinn. D'Kommissioun huet ganz kloer jo den Optrag ginn, fir deen Accord auszehandelen an effektiv déi Diskussiounen déi stattfonnt hunn am Europäesche Parlament waren iwwert d'Resolutioun och ronderëm de Vote vun der Resolutioun. D'Europäescht Parlament ass déi Plaz, wou eng Diskussioun gefouert gëtt nieft den nationale Regierungen an och de nationale Parlamenter. Nach ass et och wichteg vis-à-vis vum TTIP kritesch a vigilant ze bleiwen. Ech mengen, dass och an deem Kontext et





jo och wichteg ass, ze soen, net nëmme wat mer net wëlle mä och wat mer wëllen an deem Accord hunn an engersäits och ganz kloer wëlle gestalte fir dass net eng Situatioun kënnt wou gestalt gëtt an et ass och an deem Kontext wou déi lescht Méint och vun der Lëtzebuerger Säit eng ganz Rëtsch Initiative geholl gi sinn.

Dat generell zum Kontext vum TTIP a vun deene ganzen Enjeuxe ronderëm dat Fräihandelsofkommen.

Par rapport elo zu der Resolutioun déi Déi Lénk hei geschriwwen huet, wou se de Buergermeeschter an de Schäfferot opfuerdert, d'Verhandlunge mam Fräihandelsofkomme kritesch ze verfollegen, ech mengen, dass dat eppes ass, wou all Bierger sech soll einfach interesséieren, net nëmmen de Buergermeeschter an de Schäfferot an dass d'Regierung soll opgefuerdert soll gi fir sech dofir anzesetzen, dass d'Verhandlunge solle veröffentlecht solle ginn, ech mengen, dass mer déi lëtzebuergesch Regierung net opzefuerdere brauche well si ganz kloer hir Intentiounen un den Dag geluegt huet an ech ginn och an op déi Resolutioun vun der LSAP-Fraktioun, wou mer op eng ganz Rëtsch Punkten aginn, nieft den EU-Standarden, déi net solle reduzéiert ginn, notamment wat d'Aarbechtsstandarden, de Konsumenteschutz, d'Gesondheets- an Ëmweltstandarden ass an och déi privat Schiidsgeriichter, den ISDS, och do ass e Virstouss gemeet gi vun der Lëtzebuerger Regierung mä net nëmmen der Lëtzebuerger Regierung mä vun enger ganzer Rëtsch aner europäesch Länner fir eng international Geriichtsbarkeet ze hu mat onofhängege Richteren, déi Meenung gëtt natierlech net an all europäesche Länner gedeelt mä op alle Fall huet Lëtzebuerg ganz kloer do seng Positioun geholl, respektiv awer och, dass dee ganze Volet Service public soll oprecht erhale bleiwen an net privatiséiert soll ginn.

Dofir si mir als LSAP si mer op de Wee gaange fir eng nei Motioun, Resolutioun am Fong an de Wee ze leeden, wou mer de Gemengerot invitéieren, engersäits wann ee kuckt, dee Mandat wou d'Kommissioun ginn huet fir iwwer den TTIP ze négociéieren, wann een engersäits awer och kuckt, déi Obligatiounen déi dësen Accord mat sech bréngt esouwuel fir déi verschidde Regierungen um europäesche Plang an och déi Aarbechten, déi déie national Parlamenter duerno an hire Verhandlungen ophuelen, wann een awer kuckt, et kann een net maache wéi wann näischt gelaf wier, et war jo en Hearing an der Chamber den 11. Juli 2014 an ënnert der neier Kommissioun sinn de 7. Januar 2015 eng Rëtsch Texter publizéiert ginn, wat an der viregter Kommissioun net de Fall war.

Dofir ass dann hei d'Propose, dass engersäits de Gemengerot vun Diddeleng am Fong déi Volontéit vun der Regierung ënnerstëtzt, zesummen, am Kader vun der Présidence, et ass jo ganz kloer affichéiert ginn, och am Kader vun der Ried vum État de la nation, vum Premier, dass Lëtzebuerger Regierung am Kader vun der Présidence am zweete Semester eng ëffentlech Konferenz iwwert den TTIP wëll maachen. An deem Kader och de Gemengerot Diddeleng dat ënnerstëtzt, dass d'Lëtzebuerger Regierung zesumme mat de Vertrieder vun de Gewerkschaften, vun den Entreprisen an och vun der Zivilgesellschaft, dass en Échange iwwert den Débat iwwert den TTIP am Kader vun der Présidence stattfënnt.

Dass mer och als Gemengerot Diddeleng der Meenung sinn, dass déi jeeweileg Appeller, déi op verschidde Plaze gi si fir méi Transparenz ronderëm den TTIP wat d'Négociatiounen ugeet an dass generell méi e largen Débat soll stattfannen, dass mer deen deelen.

Dass mer natierlech déi Revendikatioun déi formuléiert ginn ass vun der Lëtzebuerger Regierung, notamment och vum Ausseminister, dass mer eng Cour d'abitrage permanente mat onofhängege Jugen an och enger Appelinstanz, dass déi solle gefuerdert ginn, ech mengen eng Dosen europäesch Länner hunn déi Fuerderung gemeet, dass mer déi natierlech ënnerstëtzen.

Dass mer natierlech och d'Service-publiquen oprecht erhale musse loossen am Kader vun dësem Accord an dass mer natierlech géint all Accord sinn, wou eng Rëtsch Standarden an Acquisen, sief dat am soziale Beräich, sief dat Ëmwelt, sief dat awer och de Verbraucherschutz, dass déi mussen oprecht erhale bleiwen.

Dat ass d'Resolutioun déi mir hei als LSAP erabréngen an hoffen, dass breetstëmmeg gedroe gëtt well se am Fong déi verschidde Kritiken, déi iwwer déi lescht Méint formuléiert gi sinn, an och déi verschidden Oppositiounen, déi formuléiert gi sinn, regroupéieren an iwwer deen heiten unanimen Appel kéint dat esou ofstëmme loosse wann d'Gemengerotsmemberen domat averstane sinn.



Esouvill zu dëser Motioun an elo ass d'Diskussioun op. Ech wollt just d'Stellungnahm par rapport zu der Motioun vun der Lénker erabréngen an elo sinn d'Stellungnahmen, respektiv d'Diskussioun op.

NATHALIE HAAS (DÉI LÉNK): Ech wollt nach just eppes e bësse méi no bréngen, dat ass dat mat der Regierung vu Lëtzebuerg. Jo, mir hunn zënter Januar dee Virdeel, datt méi oft esou Saache veröffentlecht ginn, mä wann een déi Saach verfollegt an och eraus geprint an ofgespäichert huet gesäit ee wéivill veröffentlecht ginn ass a wéivill och nees zeréck gezu ginn ass, da maachen ech mer scho Suerge datt si sech och an der Regierung nach ëmmer net eens sinn. Esouvill zu deem Punkt.

Zu der Resolutioun vun der LSAP muss ech ganz éierlech soen, mir hu meng d'lescht Kéier misse vertage well se net rechtzäiteg ukomm ass. Déi heite krute mir am Endeffekt och de Moien dohinner geluegt.

Et ass OK datt mär se elo kritt hunn. Prinzipiell sinn déi Punkten, déi mär als Lénk gefuerdert hunn, hei och deelweis representéiert, just e puer Punkten dozou. Ech fanne se extrem schwach well si fuerdert näischt op mä hei stinn esou Wierder wéi "estime que les appels", ech géing do en "exige" doraus maachen, "davantage de transparence", dat ass den drëtte Punkt, genau sou wéi den zweetleschte Punkt: "estime que la préservation des services publics doit être assurée", do géif ech "s'engage pour" doraus maachen. Ech fanne se extrem ofgeschwächt par rapport zu de Fuerderungen, déi mär gestallt hu mä mir als Lénk hunn awer domat kee Problem well déi véier Punkten, déi mir domat un d'Leit wëlle brengen, och hei representéiert ginn, just, wéi gesot, ech fannen, et däerf keng Estimatioun sinn, et soll en Engagement sinn an doduerch géif ech dat vun der renger Formalitéit hir esou ëmännere well mer jo eng Fuerderung stellen an net einfach e Wonsch wëllen ausdrécken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech wëll just präziséieren, dass ech just de Constat gemeet hunn dass d'initial Motioun par rapport zu där déi virläit geännert huet, ech hunn dat net jugéiert.

Elo ginn ech dem Här Rech d'Wuert.

ROMY RECH (LSAP): Ech mengen, dee Virschlag deen elo vum Nathalie Haas komm ass, deem kënne mer Rechnung droen an zoustëmmen, do gesinn ech fir eis Fraktioun kee Problem. Et ass richteg, dass dat heiten an der Zäit vläit net esou era komm ass. D'Suerg war méi déi, well och den Dossier komplex ass, dass ee sech awer e bëssen huet missen informéieren. Et huet ee Saachen nogekuckt an et mierkt een, datt vill Widdersprëchleches an deene verschiddene Länner, an deene verschiddene Sproochen dorëmmer zirkuléiert. Ech muss soen, et war hei och d'Suerg, esou komplett ewéi méiglech ze sinn. Wat den aktuelle Stand ubelaangt, war de Buergermeeschter komplett a sengen Ausféierungen, wéi hie se hei ginn huet, an d'Suerg war och déi, datt mär als Gemeng, an dat schéngt mer awer trotzdem e wichtege Punkt ze sinn, net d'Kompetenz an deem doten Dossier hunn a mir sollte richtegerweis eis Fuerderungen un déi weiderginn, déi d' "Kompetenz" vläit hunn. Ech hunn net erausfonnt, datt eng Lëtzebuerger Regierung kéint alleng den TTIP, also d'Fräihandelsofkommes kippen.

Erausfonnt an der Literatur hunn ech allerdéngs, datt et héchstwahrscheinlech e Gesamtpackage ass well soss kéint ee jo schonn de Virschlag maachen, dass een déi Saache wou mer jo schonn hei an deene verschiddene Beräicher och hei am Land ratifizéiert hunn, iwwert d'EU-Directiven, dass een déi wéinstens kéint elo scho fir gutt heeschen, mä dat schéngt net esou einfach ze sinn, well do e Risendrock vun där anerer Säit kënnt, entweder e Gesamtpackage oder näischt. Also, ech mengen, mär wäre wierklech gutt wa mer deen Text hei mat deenen Ännerungen, déi elo proposéiert gi sinn, géifen zesummen unhuelen, et kéint jidderee sech doran erëm fannen a mär géifen den Optrag och richteg viruginn an den Här Buergermeeschter huet gesot, mär si kritesch a mär si vigilant, méi wéi dat kënne mer zu dësem Moment mengen ech an där dote Problematik net maachen. Merci.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech ka mech och just uschléissen, ech hu mech och a leschter Zäit relativ vill domadder beschäftegt. Wat ech gëschter Owend nach mam Alex Bodry beschwat hunn, mer kënnen eis net komplett géint alles verschléissen, mer hunn als Gemeng net déi Méiglechkeet eis dogéint ze opposéieren. Dat ass ganz kloer, do sinn aner Kompetenze gefuerdert, mä ganz kloer musse mer eis kritesch äusseren an et ass gutt datt mer eng Resolutioun hunn. A och mat deene Fuerderunge vun der Madame Haas, datt mer déi derbäi setzen, dat ass absolut richteg. Et ass awer och esou datt den Här Asselborn





gesot huet, wa mer eis géint alles verschléissen, da mécht Amerika dat mat China an da si mer aus dem Boot. Dat ass och richteg.

Op där anerer Säit kënne mer natierlech awer och net alles akzeptéieren, dir hutt gesinn, am EU-Parlament si ganz vill Länner, déi hunn et akzeptéiert. Do ass am Fong guer keng Diskussioun gefouert gi bei deenen, mä et sinn aner Länner, déi si méi kritesch an ech mengen, et ass schonn iwwerhaapt gutt, datt déi Länner och gesot hu mir si kritesch an et mussen Amendementer gemaach ginn.

Wichteg ass et, dass d'Leit sech informéieren an dass mir als Gemeng eng Positioun an eis och dozou stelle wat mer effektiv do drun net gutt fannen. Et gi jo nach Diskussioune gefouert an effektiv si verschidden Texter, déi een op eemol net méi gesäit. Et ass e relativ grousse Chaos do dra mä mer mussen einfach als Gemeng do stoen, datt mer esou gutt wéi méiglech eis positionéiere wat finalement vun eiser Regierung respektiv vun der EU décidéiert gëtt, dat läit net an eisen Hänn mä op d'mannst brauche mir eis net virwäerfe loosse mir hätten als Gemeng net reagéiert.

Dat ass dat, wat wichteg ass an dofir géif ech ganz einfach soen, mir kënnen dat esou absolut akzeptéiere wat d'Madame Haas proposéiert huet mat den Amendementer. Et ass e schwieregen Dossier, mer kënnen eis net géint alles verschléisse well mer mussen awer kucken, dass mer esou gutt ewéi méiglech aus där Situatioun erauskommen an dass mer dat Bescht doraus maachen. Et geet iwwer eis Käpp ewech, dat ass kloer, mä mer kënnen net guer keng Stellung huelen, esou op d'mannst hu mer eise Pefferkär derzou bäigeluegt an da sti mer och ganz gutt do an hoffen, dass et awer e grousse Changement ass an dass deen esou gutt ewéi méiglech iwwer d'Bühn geet mat deene mannsten Dégâten. Mer begréisse ganz kloer wat hei gesot ginn ass an dozou sti mer och.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt awer trotzdem e bësse méi konkretiséieren, wourëms et hei geet well et si jo och nach vläit Leit, déi de Gemengerotsbericht liesen an net esou genau wëssen, wat alles elo wierklech um Spill steet an dofir wollt ech elo e puer Beispiller ginn, wat esou en Ofkommes kéint mat sech bréngen.

Ech mengen, et ass net ëmsoss, dass méi wéi zwou Millioune Bierger a Biergerinne an Europa schonn déi Petitiounslëscht ënnerschriwwen hunn a sech géint den TTIP wieren. Hei zu Lëtzebuerg hu sech och 17 Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft, Gewerkschaften, Ëmweltschutzorganisatiounen, Drëttwelt-ONGen an och nach anerer zesumme geschloss, fir dat Fräihandelsofkommes ze verhënneren.

Den Haptvirworf ass jo wéi hei och schonns gesot ginn ass, dass d'Verhandlunge hannert zouen Dire stattfannen; dat gëllt esouwuel fir d'Nationalparlamenter, d'Zivilgesellschaft a betraffe Bierger.

Zougang hunn awer trotzdem wirtschaftlech Lobbygruppen a si kënnen Afloss huelen op d'Verhandlungen. Et geet also drëm, hir Interessen an hire Profit ze schützen. A fir dass dat och klappt, sinn déi privat Schiidsgeriichter, déi ausserhalb vum normale Rechtssystem funktionéieren, virgesinn, wou Konzerner kënne kloen, wann nationalstaatlech Gesetzer hir erwaarde Profitter kéinte reduzéieren. An dat ass net nëmmen e Schreckgespenst. Dat beweist den Ament zum Beispill déi aktuell Klo vum Energiekonzern Vattenfall géint Däitschland bei engem geheime Schiidsgeriicht fir Investitiounsstreidegkeeten. An zwar klot Vattenfall wéint dem Ausstieg vun Däitschland aus der Atomindustrie an dem Ofschalte vun hiren Atomkraftwierker. Vattenfall fuerdert e Schuedenersaz vun iwwer dräi Milliarden Euro. Dat als Beispill fir ze illustréieren, wat op eis duerkomme kann.

Bei deem geplangte Fräihandelsofkomme geet et net ëm finanziell Tariffer, well den aktuellen Zoll ass scho minimal. Et geet ëm d'Ugläichung vu Standarden an Normen tëschent Europa an den USA. A bei där Ugläichung geet et awer net nëmmen ëm esou Detailer wéi d'Ausstattung vun Autoen, wat oft als Beispill ugefouert gëtt, mä et geet virun allem ëm Standarden am Beräich vun Ëmwelt a Verbraucherschutz, ëffentlechen Déngschtleeschtungen an Aarbechtsschutz.

E puer Beispiller fir dat och ze illustréieren: An Europa muss eng Firma noweise kënnen, dass eng Chemikalie ongeféierlech ass fir dass se zougelooss gëtt, also et gëllt de Prekautiounsprinzip. An den USA ass dogéint d'Chemikalie erlaabt esou laang d'Gëftegkeet net eendeiteg nogewisen ass. Sou ass zum Beispill Asbest an Amerika net verbueden. E Verbuet wéi dee vun den Neonicotinoiden hei an Europa fir zwee Joer

zum Schutz vun de Beien wier also an den USA ondenkbar a spéider bei eis och, wann esou en Ofkommen ëmgesat gëtt.

Eng Ugläichung vun de Standarde géing also bedeiten, dass eng Chemikalie, di an den USA erlaabt ass, och fir Europa misst zougelooss ginn. Eng Ugläichung um Niveau vun de niddregste Standarde géing stattfannen. Esou och an der Landwirtschaft wou mir domat rechne missten, dass genmanipuléiert Saatgut, Gentechnikplanzen erlaabt wieren a gentechnesch verännert Produkter net misste gekennzeechent ginn. Hormoner am Fleesch an an der Méllech wären och zoulässeg.

Op Gemengenniveau ass ze beféierten, dass déi ëffentlech Grondversuergung, zum Beispill d'Waasser- an Energieversuergung liberaliséiert gëtt. Verschidde Gemengen an Däitschland a Frankräich hunn no deene schlechten Erfahrunge mat der Privatiséierung vun der Waasserversuergung, wou d'Konzerner Boni gemaach hunn duerch héich Waasserpräisser awer guer net an d'Leitungen investéiert hunn, d'Privatiséierung erëm réckgängeg gemaach. Dat schéint bei TTIP net méi méiglech ze sinn.

Fatal wär d'Fraihandelsofkommen awer och am Beräich vum Klimaschutz, e Punkt, deen eis als Klimabündnisgemeng besonnesch interesséiert.

Fir d'Ofhängegkeet vu russeschem Uelech a Gas ze reduzéieren, wëllt d'EU-Kommissioun, mat Hëllef vun TTIP, Exporter vu fossilen Energien aus den USA an Europa vereinfachen. Mat dem Fracking-Boom sinn elo d'USA zum Exporteur vu fossiler Energie avancéiert an d'EU kënnt duerch den Import déi ëmweltschiedegend Frackingförderung unheizen.

Erneierbar Energië spillen an deem Ofkomme kaum eng Roll. Grad d'Förderung vun erneierbaren Energien op lokalem Niveau ass den Energiekonzerner en Dar am A, well dat fir si net profitabel ass. Déi schonns erwänte d'Schiidsgeriichter kéinten esouguer erreechen, dass d'Fracking-Moratorien an Europa net zoulässeg sinn. Wat dat fir de Klimaschutz bedeit, ass eis, denken ech, all kloer. An deem Fall kënne mär dat souwisou scho fragwürdegt Zweegradzil total vergiessen.

D'Klimabündnis Lëtzebuerg wëll jiddefalls eng Resolutioun ausschaffen a mir mengen, datt dat e wichtegt Zeechen ass, grad och fir d'Présidence, wou esouwuel Klimaschutz an TTIP um Ordre du jour stinn an och fir ze weise wat et do fir Verbindunge ginn. Dofir fanne mir et och wichteg, als Klimabündnisgemeng, eis Meenung, och wann dat nëmmen e symbolesche Gest ass, trotzdem no baussen däitlech ze maachen an d'Regierung opzefuerderen, Faarf ze bekennen awer vläicht nach e bësse méi vehement wéi dat de Moment de Fall ass a sech dofir anzesetzen, dass all déi Fuerderungen, déi an deene zwou Motioune virleien, ech wëll se elo net alleguer nach eng Kéier opzielen, dann och erfëllt ginn.

Déi Gréng sinn och mat där Motioun vun der LSAP d'accord, bedaueren zwar dass mir se just den Dag selwer virgeluegt kréien, fannen et awer trotzdem positiv, dass mir als Gemengerot wierklech eng unanime Meenung hunn an no baussen en Zeeche wëlle setzen. Jidder eenzelnen huet hei eng Verantwortung a mir musse wierklech kämpfen, et war seelen esou néideg wéi de Moment. Merci.

MARC SCHIFFMANN (ADR): Ech géing mol gär domat ufänken, datt mer am Fong geholl der Kollegin Nathalie Haas solle Merci soe fir hir Motioun well ech si mer bal sécher, hätt d'Nathalie seng net déposéiert dann hätt d'LSAP hei ni eng presentéiert. Dovunner ginn ech elo mol aus. Esou gesäit et op jiddwer Fall emol aus. Jo, do kann ee gedeelter Meenung sinn, mä ech hu bis dato kee Wuert héieren dovunner bis dass déi Motioun vum Nathalie Haas hei déposéiert gouf.

Da sinn ech mat deene zwou averstane wann ech fannen, datt déi vun der LSAP relativ ofgeschwächt ass. Wat mech nach méi iwwerrascht, ass datt déi Leit, déi dës Motioun elo hei stellen, gëschter am Parlament ass eng Motioun vum ADR wou zwee Punkten dra stoungen, déi menger Meenung no hätten ouni Diskussioun ugeholl ginn an zwar war dat Punkt 1 "à insister, notamment au Cours de la présidence luxembourgeoise du Conseil auprès de gouvernements des pays membres de l'Union européenne et de toutes les institutions européennes sur le rôle important des parlements nationaux dans le cadre de la négociation et de la ratification d'accords commerciaux internationaux". Punkt 2 war: "à veiller à ce que le TTIP une fois négocié soit soumis obligatoirement à la ratification par chaque gouvernement national des État-membres de l'Union européenne, conformément aux procédures légales de ces Etats".



Déi Motioun ass an d'Kommissioun zeréckverwise ginn. Firwat? Kee Mënsch weess et. Ech mengen, dat do sinn zwee Punkten, déi een ouni Problem kann esou stëmmen a wou et a mengen An net méi wéi richteg wär wann dat nationalt Parlament se géing ratifizéieren.

Wéi gesot, déi Parteien, déi elo hei soen, respektiv zeou Parteien déi elo hei soen, mir maachen déi Motioun ouni Problem, ware gëschter an der Chamber net esou d'accord. Mech stéiert dat awer weider net, ech si fair, ech wäert déi vun Déi Lénk stëmmen an déi vun der LSAP ënnert der Bedingungen, datt déi Ännerungen, déi d'Nathalie Haas virgeschloen huet, drakommen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Wat sech erausschielt nieft der d'Unanimitéit ass dass jidderee an der Obligatioun ass, mat all de Schwieregkeete ronderëm der Diskussioun vum TTIP. Et steet een awer och an der Obligatioun, sech ze informéieren, all Bierger, mir als Membere vum Gemengerot, wann dee Sujet een interesséiert, an och d'Bierger dobaussen, et gi Méiglechkeeten, déi vläit net optimal sinn, mä et gi Méiglechkeeten, sech ze informéiere sief et iwwert d'Medien, den Internet, d'Europäesch Kommissioun, déi verschidde Parteien, et muss een et just maachen a sech Zäit derfir huelen, mat all de Schwieregkeeten, déi dat ka mat sech bréngen. Et ass natierlech och déi Diskussioun, d'Standarden, europäesch Unioun, respektiv Amerika, do gëtt et natierlech positiv an negativ Aspekter, dat ass jo de ganz groussen Enjeu fir do e Kader ze fannen, deen erdréiglech ass, mat alle Schwieregkeeten déi dat mat sech bréngt op deene verschiddenen Niveaue wou muss tranchéiert ginn.

A wann hei gesot gëtt, et ass duerch déi Lénk datt d'LSAP eng Motioun erabréngt, da sinn ech nach ëmmer der Meenung an der Iwwerzeegung, datt dat heiten e Sujet ass, dee sécherlech och d'Gemenge concernéiert, mais ce n'est pas de la compétence communale. Mir hunn d'Europaparlement, d'nationalt Parlement a mir hunn d'Regierung. Mir hu Leit gewielt an eist nationalt Parlament an och an der Regierung fir verschidde Positiounen ze vertrieden. Deene gëtt ee vläit e gewësse Support oder och kee Support, mä dat heiten ass "un sujet qui n'est pas de compétence communale" an nach huele mer hei awer déi Motioun an och déi Resolutioun.

Par rapport zu der Diskussioun, déi hei stattfonnt huet, par rapport zu der Motioun vun der LSAP-Fraktioun, éier mer zum Vote kommen. Den drëtten Punkt, wa mer dee géifen ëmformuléieren oder präziséieren "exige davantage de transparence concernant les pourparlers et sollicite un débat plus large", wär dat OK? Elo musse mer nach e Verb derbäi setze soss ass et net kloer fir et ze verstäerken.

An dann dee leschte Punkt "s'engage pour tout accord qui conduirait à un abaissement des normes en matière sociale, écologique et de protection des consommateurs".

"Exige la préservation des services publics".

"S'engage pour", dat heescht, do si mir jo aktiv, d'Motioun ass jo en Appel mär hätte jo gär. Mär sëtzen um Verhandlungsdësch".

"Exige que la préservation des services publics soit garantie".

Dofir war och d'Formulatioun "Se prononce contre", net ze vergiessen, mer sëtzen um Verhandlungsdësch. Ech hunn awer kee Problem mat, "s'engage pour".

Also elo definitiv déi heite Formulatioun: "Exige que la préservation des services publics soit garantie".

Wa mer eis par rapport zu der Formulatioun eens sinn, géif ech op de Vote iwwer goen.

Da géife mer als éischt iwwert d'Motioun vun Déi Lénk ofstëmmen. Prozedural gesinn, dir halt jo d'Motioun oprecht an iwwer déi gëtt ofgestëmmt.

Wien ass mat der Motioun vun Déi Lénk averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun ADR, Déi Lénk, Déi Gréng an CSV.

Wien ass fir d'Motioun vun der LSAP? Do ass Unanimitéit.

Da komme mer zu de Froen.



## 7. FROEN UN DE GEMENGEN- A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Haut gëtt et zwou Froen engersäits d'Madame Kutten an d'Madame Goergen iwwert den Accueil vun de Flüchtlingen an eiser Gemeng an iwwert de Rond-point Biereng an déi aner Fro ass vun der Madame Kayser iwwer de lokale Wirtschaftsgipfel an iwwert d'Diddelenger Spidol.

Ech géif mat deene Froen ufänken, déi vir d'éischt era komm sinn, dat waren déi vun deene Gréngen. D'Madame Kutten an d'Madame Goergen weisen dorop hin, iwwer déi ganz Evenementer déi stattfonnt hunn an Europa iwwer d'Flüchtlingen aus Krichs- an Krisegebitter. Et ass wichteg an deem Kader, dass méi Gemengen aktiv ginn a konkret Hëllef ubidden. Si froen ob innerhalb vum SYVICOL eng Diskussioun stattfonnt huet, a froen de Schäfferot ob e sech iwwerluecht huet, eng konkret Hëllefstellung ze ginn op d'Gemeng Infrastrukturen oder Terrainen zur Verfügung stellt, oder ob et aner Méiglechkeete gi fir Verantwortung ze iwwerhuelen.

Wéi ech virdru gesot hunn, wat d'Protection internationale ugeet, niewent deene ganzen Evenementer, déi sech jo zougespëtzt hunn an deene leschte Wochen um europäesche Plang, ass am SYVICOL schonns säit längerem eng Diskussioun gewiescht, och am Joer 2012 wéi de SYVICOL zesumme mat där deemoleger Familjen- an Integratiounsministesch iwwert eng Circulairen en Appel gemaach huet u gemenge fir Solidaritéit ze weisen a mir hate jo schonns Diskussiounen an deem Kader, wou mir soten, dass mir Solidaritéit weise wëllen an ufanks 2015 war eng Informatiounsreunioun vum SYVICOL zesumme mat der Integratiounsministesch organiséiert ginn, wou d'Schäfferéit invitéiert gi sinn, ronderëm déi ganz Problematik vun den Demandeurs de protection internationale, wou de Volet Integratioun vum OLAI virgestallt gouf, an de Volet Schoul, d'Prise en charge scolaire an och de ganze Volet vun der Immigratioun.

Dir hutt jo och matkritt déi ganz Diskussiounen um nationale Plang, déi dorëms gelaf sinn an d'Reaktion vum SYVICOL, datt et eng Rëtsch Gemengen hir Responsabilitéit schonns iwwerholl hunn oder wäerten huelen, och dat am Kader vun den Diskussioune vun de Quotaen, dat sinn Diskussiounen déi um europäesche Plang stattfannen.

Mir wëllen hei als Diddelenger Gemeng bekräftegen, dass d'Solidaritéit fir eis keen eidelt Wuert ass, mir hunn och am Kader vun deenen Debatten, déi stattfonnt hunn den 21. Mee e Courrier un de Premier gemaach, wou mir ganz kloer eis Positioun bekräftegen, dass mer als Gemeng bereet sinn, an ech mengen dat Engagement gëllt fir Diddeleng a mir waren och 2012 wéi mir déi éischt Diskussiounen haten, hu mir eis op d'Sich gemaach no potentielle Siten a Plaze wou mir eisen Demandeur-de- protectioun internationalen hei zu Diddeleng ënnerdaach kréien, an dat hu mir mat enger Rëtsch Acteure gemaach, engersäits mat der OLAI a mat der Croix Rouge, awer och mam Fonds de logement a mat der ArcelorMittal, an no deene Prospektiounen, déi mer gemeet hunn, ass et esou, dass mer en Terrain un der Route de Volmerange, eng Strëpp hunn, déi net am Droit de superficie ass, wou d'Arcelor nach Propriétaire ass, wou mir amgaange sinn ze kucken, also de Fonds de Logement, OLAI, d'Gemeng, d'Croix rouge an Arcelor, also déi Partner wou mir déi Richtung ginn, dat huet net changéiert, do soll eng Struktur komme fir 60 Leit maximum mat administrative Gebaier.

Natierlech, wann d'Croix rouge do ass, gëtt och deem

Volet vum Encadrement social Rechnung gedroen, dat ass fir eis ganz wichteg. Net nëmmen eng Struktur wou Gardienage ass, do ass och d'nächst Woch eng Sitzung fir de Projet ze konkretiséieren, a fir eis ass et och wichteg dass op deem dote Site mat der Bevëlkerung geschwat gëtt, wann et souwäit ass, dass de Projet presentéiert gëtt, dass mir do eng Informatiounsreunioun maache mat der Integratiounsminstesch zesummen, an awer och kucken, déi Acteuren, déi mer an deem Quartier hunn, sief et Sportsveräiner, sief dat de Projet Ensemble, Interesseveräiner, dass mer déi mat an d'Boot huelen.

Mir hu mat Leit ze dinn, déi an enger Prozedur sinn, déi hiert Land verloossen, flüchten, well se eng gewëssen Nout hunn oder verfollegt ginn. Dat Engagement steet, de Site wou mir geplangt hunn, den Architekt huet eis puer Donnéeën erageschéckt wéi dat kéint ausgesinn. Et ass e Site mat engem Accès un d'ëffentlech Transporter och dat si Saachen déi fir eis wichteg waren.

Et soll eng Struktur sinn, déi net iergendwou soll opgestallt gëtt, wou kee Kontakt besteet. Dat heiten ass voll am Quartier Schmelz an dat ass ganz kloer do, wou d'Awunner sinn, also hale mer de Volet vun der Integratioun héich, och wann et Leit sinn, déi an enger Prozedur sinn a mir net wësse wéi et mat der Prozedur ausgeet, op se hei kënne bleiwen oder net.

Op alle Fall ass dat an der Politique d'intégration locale en Aspekt, dee fir eis wichteg ass. Ech mengen, domat hätt ech den Thema vun der Hëllefstellung a Solidaritéit, déi eng Gemeng ka ginn, zimlech kloer ëmrass. D'Gemeng Diddeleng steet do derhannert.

Wat de Rondpoint Biereng ugeet, do ass et esou, dass mir effektiv Pläng kritt hu fir d'Baugenehmegung auszestellen. Dat hunn ech nach net gemaach, d'Pläng gi grad analyséiert, mä ech kann iech soen dass op de Pläng Richtung Beetebuerg um Rond-point selwer dräi Zebrasträife virgesi sinn, wou d'Leit kënnen eriwwer goen. Trëttoire sinn och virgesinn. Wat de Vëloswee ugeet, do war jo kloer, dass de Vëloswee laanscht de Site geet, d'CFL multimodal, respektiv mat der Verbindung Rue Schweitzer, ech mengen dass dee besteet, laanscht d'Baach an d'Schweitzerstrooss, wat net verhënnert. Dass ee mam Vëlo duerch de Rond-point fiert och wann dat kee Vëloswee ass. Ganz kloer bleift, datt een ëmmer muss oppassen, mä mir hunn de Bedierfnisser vun de Foussgänger Rechnung gedroen.

Dat zou där doter Fro.

Da géif ech zou der Fro vun der Madame Kayser kommen, déi hei par rapport zum lokale Wirtschaftsgipfel, deen den 21. Mee stattfonnt huet. Si seet, dass se mat Befriemdung an Erstaune festgestallt huet, dass d'Oppositiounsparteie keng Aluedung kritt hunn. Heizou wëll ech bemierken, datt de ganze Gemengerot keng kritt huet. Si seet, datt Vertrieder do ware vum Ministère, vun der ADEM, vum Lycée Nic Biver, dat hunn ech virdru gesot, dass se dono den Ordre du Jour geschéckt kritt hunn a si freet firwat se net invitéiert gi sinn, firwat se dann den Ordre du Jour geschéckt kréien, an dass alleguerten d'Élu-locauxen do missten Deel huelen.

Ech muss soen, dass ech mat Befriemdung an Erstaunen iwwer d'Fro iwwerrascht war, well et ass jo net déi éischte Kéier wou mir e Sommet économique hei organiséieren, an et ass sécherlech net entgaangen, dass mir de Gemengerot ni invitéiert hunn, well eng Pressekonferenz an der Kompetenz vum Schäfferot ass, et klengen Deel ass public an déi eigentlech Diskussioun fënnt am Huis clos statt, an enger gewëssener Confidentialitéit tëschent den Entreprisen, mam Ministère, ënnert dem Ausschloss vun der Ëffentlechkeet, an och



vun der Press. De klasseschen Opbau vun esou engem Sommet économique ass, datt déi verschidde Stakeholderen en Ist-Zoustand maachen, also eng Aart Exposé, wéi de Wirtschaftszoustand dann elo ass, dass d'Press do net d'Méiglechkeet huet Froen ze stellen iwwert déi Statementen, déi do gemeet ginn, an déi eigentlech Diskussioun dann herno iwwert d'Situatioun vun de Betriber am Huis clos stattfënnt.

An dat wat d'Press widder spigelt ass dat wat kloer an deenen Exposéë gemeet ginn ass, an dir hutt do eraushéieren, dass engersäits hei zu Diddeleng, wat d'Chomagezuelen ugeet, mir zimlech gutt positionéiert si par rapport zu anere Südgemengen, dass de Ministère och gewëllt ass, deenen Entreprisen hei um Territoire ënnert d'Ärem ze gräifen, well déi meeschten an enger Zone d'activité économique nationale sinn, dass déi Challengen, déi déi Entreprisen hunn, sech op engem internationale Plang ofspillen um Niveau vun der Konkurrenz, mä déi meescht ganz kloer hei den Diddelenger Kader absolut wichteg fannen, a sech hei wuel fillen, an ech mengen dat ass e positive Message.

Mä et ass haaptsächlech ronderëm d'Konkurrenz, Effizienz, Maartundeel, Produktioun, Produktiounskäschten déi den Alldag si vun dëse Multinationalen déi hei um Diddelenger Territoire sinn, a mir bréngen als Diddeleng immens wéineg do an ausser d'Rahmebedingunge gi fir datt se sech hei zu Diddeleng gutt fillen an deen Echo hu mer kritt, och zesumme mam Geschäftsverband, deen och do war.

Par rapport zum Ordre du Jour, ech mengen do ass déi selwecht Approche wéi déi déi mir par rapport zu der Press maachen, et war eng Fuerderung vun de Gréngen, wa mir eng Pressekonferenz maachen, den Dag selwer, wann et geet, iech dat wat d'Press kritt, och zoukomme loossen.

Dat hu mir hei respektéiert, d'Press krut en Ordre du Jour, kee Communiqué, d'Press huet dat opgeholl wat an de Statemente gesot gouf, a mir hunn déi Linn agehalen, an et wonnert mech dass mir déi Fro gestallt kréien, wou mir iech awer schonns eng ganz Rëtsch Pressecommuniquéen zoukomme gelooss hunn, wou am Fong kee Problem war. Wéi viru kuerzem iwwer Manifestatiounen, déi hei zu Diddeleng stattfannen a wou keng Fro gestallt gouf.

Dofir ginn ech dovun aus, dass dës Approche hei am Gemengerot gedeelt gëtt, ausser dir sidd der Meenung mir sollte se astellen an der Fuerderung net méi nokommen, wat ech awer net mengen, datt dat de Fall ass. Mir géifen déi Distributioun gäre bäibehalen.

Berichter, déi an der Press sinn, de Volet am Huis clos war confidentiel, déi Informatioune kënne mir net erausginn, an dat wat d'ADEM do fir Informatioune ginn huet, ass net méi an net manner wéi dat wat an deenen offiziellen Informatiounsbulletinen ass, déi d'ADEM regelméisseg publizéiert iwwer d'Press. Do ass och kee Geheimnis.

Global an driwwer eraus steet de Schäfferot dozou, de Gemengerot an d'Awunner an d'Informatioune mat anzebanne. An no där Fuerderung vun der Oppositioun, wa Saachen nogeschoss solle ginn, dass mir dat maachen, an ech kéint mir och gutt virstellen, dass wann den Dossier sproochräif ass, dass een iech dann an engem informelle Gemengerot och eng Kéier de Projet hei virstellt. Dat ass eis Informatiounspolitik, déi net a Fro gestallt ass.

Dat zu de Präzisiounen déi ech zu där dote Fro wollt ginn.

Da géif ech op déi zweet Fro iwwergoen, déi vum Diddelenger Spidol.

Do hate mir och d'Demande vun der Madame Kayser, wou si seet, dass de Buergermeeschter dorop higewisen huet, dass deemnächst en Treffe stattfënnt mat der Gesondheetsministesch, wéi eng Garantie mir do kritt hunn, dass mir d'Diddelenger Spidol iwwer 2017 weider kënne behalen, wéi eng konkret Pläng et gi ronderëm Koibestrachen, d'Diddelenger Spidol vum Hôpital de proximité, ob eng Zesummenaarbecht geplangt ass mat der Uni Belval a mam Luxemburg Institute of Health, wéi et mat deem ausgesäit.

Mir haten eng Entrevue mat der Gesondheetsministesch, wou mir d'Confirmatioun kruten, dass d'Integrated Bio Bank op Diddeleng kënnt, dat ass ganz positiv a wichteg um Niveau vun den Inventiven, vun der Fuerschung, vum Fuerschungsstand, wat e Centre d'excellence ass, an och do besti Synergien zwëschent dem Centre d'excellence hei am Land a mat der Uni Lëtzebuerg, där Suerg ass kloer Rechnung gedroen.



D'Südspidol ass 2022 operationell, dat ass den Timing dee mir eis ginn, bis dohinner ass de Standpunkt Diddeleng ofgeséchert, an duerno och, well mir ganz kloer d'Confirmatioun kritt hunn, dass d'Médecine de proximité hei zu Diddeleng bestoe bleift, dat hu mir och mat Nodrock gesot, dass se fir eis wichteg ass, och fir d'Diddelenger Bierger, ob dat eng Maison médicale élargie oder eng Polyklinik ass.

A mir waren eis awer och eens, dass d'Geriatrie sou wéi se de Moment funktionéiert a mat deenen Invester, déi getätegt ginn, och um Wee ass fir eng gewëssen Excellence ze kréie well wann ee kuckt, de ganzen Know-how deen do Dag an Dag aus, am Alldag investéiert gëtt, nieft den Infrastrukturen, deem Medizineschen an deem Paramedizinesche mengen ech dass mir gutt opgestallt sinn.

Wat natierlech den LIH ugeet, wann do eng Demande besteet, dann ass deen zu Diddeleng wëllkomm, nach ass d'Fro ze stellen, wéi dat Ganzt, wann d'Zone de technologies de la santé soll finanzéiert ginn, wien dat finanzéiert. Et ass jo sécherlech net d'Gemeng, déi sou eng Struktur ka finanzéieren, et ass jo en Etablissement public wéi alleguerten déi Fuerschungszentren a wann d'Regierung do déi néideg Sue laber mécht fir dass déi sech hei kënnen nidderloossen, am Kader vun enger Enveloppe budgétaire déi ee sech do muss ginn, a wou mer d'Envergure awer net kennen, sinn déi sécherlech wëllkomm.

Dozou wëll ech nach soen, datt wat d'Zone Koibestrachen ubelaangt, ass e gréisser Ingenieursbüro weiderhin interesséiert ass, op Diddeleng ze kommen. Dat ass also och nach ganz aktuell.

Dat zu deenen dote Punkten.

COLETTE KUTTEN – (DÉI GRÉNG): Ech hat nach eng Fro wat de Wirtschaftsgipfel ubelaangt, wat sprécht dann dergéint dass d'Oppositioun do dierf dobäi sinn, vu dass mir jo awer alleguer gläichermoossen hei mat Verantwortung iwwerhuelen an eis och responsabel spiere fir déi Entwécklung hei zu Diddeleng, an och dass mir informéiert sinn a firwat ass d'Oppositioun eigentlech manner vertrauenswürdeg. Dat ass elo keng polemesch Fro, ech stelle mer déi einfach.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech ginn deene Grénge Recht, well wat mir geschéckt kritt hu war just den Ordre du Jour an zwar den Dag nom Wirtschaftsgipfel. Wann Dir elo sot, mir hätte vun iech Infoen iwwert de Wirtschaftsgipfel kritt, dat ass net wouer. Infoe stinn am "Wort", dat ass en Artikel vum Här Schmitt. Do stinn d'explizit Diskussiounsthemen, déi ugeschwat gi sinn, a wa mir esou eppes kritt hätten, wier dat eppes ganz aneschters, mä mir krute just d'Invitatioun mam Ordre du Jour.

Soss ëmmer krute mer 2011, 2012 all Kéier matgedeelt wéi d'ADEM d'Situatioun zu Diddeleng gesäit, wéivill Demandeurs d'emploi mer hunn an esou weider.

An dat hei ass eis fir Nikkie gehalen, an dat fannen ech irresponsabel, esou mat eis ëmzegoen. Et ass kee Mënsch heibannen dee seet, dass mir dogéint si wa mir eng Publikatioun kréien, oder dir eis um Courant haalt, mä éischtens emol hate mir 2 Woche virdru Gemengerotssitzung an där dir de Wirtschaftsgipfel zu kengem Zäitpunkt erwänt hutt, zweetens si mir alleguer gewielt vun der Gemeng, mir hunn och hei am Gemengerot oft e Huis clos a mir wësse wat dat bedeit, dass mir dat wat do geschwat gëtt net sollen no bausse weiderginn. Mir si jo net op de Kapp gefall. Wann dir sot, kommt an de Wirtschaftsgipfel an drot dat net no baussen, dat soll vertraulech behandelt ginn, dat bréngé mir jo awer ronn.

Mä dat hei war wierklech den Ordre du Jour vun der Reunioun a wat geschwat ginn ass, dat stoung an der Press, dat war net dat wat dir eis gemailt hutt.

Da wollt ech zu menger zweeter Fro kommen: Dir hutt gesot, bis 2022 ass d'Spidol garantéiert, sidd dir do sécher well an alle Publikatioune steet, dass et nëmme bis 2017 ass, dofir sinn ech elo e bëssen erstaunt, dass d'Ministesch eis bis 2022 zougesot huet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Nach eng Kéier eng Präzisioun dorop, kee Problem iech déi Dokumenter vun der ADEM zoukommen ze loossen, déi si public an offiziell, dat ass keen Thema. Nach mengen ech, kann de Schäfferot décidéiere wann en eng Initiativ hëlt, dat ass am Register vum Schäfferot, sech d'Fräiheet kënnen ze huelen, ze décidéieren, wéi en eng Manifestatioun organiséiert, dat wëll ech awer och hei nach eng Kéier kloerstellen.

Mir sinn zum Schluss ukomm vun dësem Gemengerot, ech soen iech Merci.

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# SEMAINE DE LA MOBILITÉ

## du 16 au 22 septembre 2015

# MOBILITÄTSWOCHE

## vom 16. bis zum 22. September 2015





**Programme détaillé sur:**

# www.dudelange.lu




DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
/villededudelange @villedudelange



KlimaPakt European Energy Award · mobilitéits zentral · CFL · TICE · LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Administration de la nature et des forêts · LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Développement durable et des Infrastructures · CIGL·ESCH · REDROCKREGION Experience diversity · DO THE RIGHT MIX An initiative of the European Commission